Conseil communal

Séance publique du 21 avril 2008

Durée de la séance: *09.30 à 11.20 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Albert Muller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Welter Gilbert, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos

1. Personnel.
   - 1.1. Nomination d'un employé (m/f) au poste vacant de travailleur handicapé – décision.
   - 1.2. Résiliation d'un contrat de travail par un éducateur diplômé.
2. Enseignement musical.
   - 2.1. Nomination d'un nouveau chargé de direction (m/f) de l'école de musique - décision.

Séance secrète

3. Indigénat.
   - 3.1. Demandes en obtention de la nationalité luxembourgeoise - avis.

Séance publique

4. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
5. Administration générale
   - 5.1. Conseil communal – commission consultative de l'environnement, de l'aménagement du territoire et de l'urbanisme – démission, nomination - décisions.
   - 5.2. Syndicat Intercommunal pour l'Exploitation d'un Centre de Compostage Régional à Mondercange (Minett Kompost) – financement de l'installation de fermentation – décision.
   - 5.3. Titres de recettes, déclarations diverses - approbation.
   - 5.4. Décompte de travaux extraordinaires : service d'animation culturelle – travaux de réfection de la façade du bâtiment - approbation.
   - 5.5. Réaménagement de l^hôtel de ville : contrat de location pour la mise en place de conteneurs - approbation.
6. Propriétés
   - 6.1. Cession, à la commune, d'une emprise place-voirie sise à Rodange, rue du Clopp, par Me Gaston Stein de Luxembourg, en sa qualité de curateur de la société G. Valvasori de Bettembourg – approbation de l'acte.
   - 6.2. Cession, à la commune, d'une emprise à Pétange, lieu-dit «Cité CFL» par M. Fernande Paulos Vieira et Mme Isabelle Fernandes Almeida de Kayl – décision de principe.
   - 6.3. Acquisition, de la part de M. Robert Clees, de Michlebouch de deux terrains-labours sis à Pétange, lieux-dits «Auf Herbstberg» et «Auf dem Galeh» - décision de principe.
   - 6.4. Acquisition, de la part de Mme Charlotte Hamer de Luxembourg et de Mme Camille Strommenger de Pétange d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Schepges Wies» - décision de principe.
   - 6.5. Vente d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Nic Biever» à M. Manuel Da Silva Goncalves de Rodange – décision de principe.

7. Ordre public.
   7.1. Prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion des braderies de 2008 – décision.
8. Enseignement.
   8.1. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales – ratification.
   8.2. Colonies scolaires – octroi d'un subside (solde 2008) à l'association sans but lucratif «Classes de Neige de la Commune de Pétange» - décision.
   8.3. Convention de cofinancement conclue avec l'Etat pour les structures d'accueil pour élèves en dehors des heures de classe (maisons relais) – avenant pour les activités de vacances de l'année 2008 - approbation.
9. Prévisions sociales.
   9.1. Centre de rencontre et d'information pour jeunes «Péitenger Jugendhaus asbl» - convention pour l'exercice 2008 – approbation.
10. Hygiène publique.
   10.1. Mise en place d'un colombaire supplémentaire au cimetière de Lamadelaine – approbation du devis et vote d'un crédit additionnel.
11. Transports et communications.
   11.1. Règlements temporaires de la circulation routière - confirmation.
   11.2. Entretien des infrastructures routières – avenant à un contrat d'entretien relatif à des installations de signalisation lumineuse - approbation.
12. Vie associative.
   12.1. «Cub de majorettes et de danse moderne Bom Chika Wah Wah» - changement de statuts.
   12.2. «Association pour le Sport, la Culture et l'Intégration (ASCI) asbl» - statuts.
   12.3. «TPPL, Société de Paintball Tactical Paintball League Luxembourg asbl» - statuts.
13. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

Les points 1 à 3 de l'ordre du jour ont été traités en séance secrète.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé de rendre public les décisions suivantes:

Nomination d'un employé (m/f) au poste vacant de travailleur handicapé :

M. Gilles Bertacco est engagé à durée indéterminée comme travailleur handicapé sous le statut de l'employé privé avec effet du 1er juin 2008.

Nomination d'un nouveau chargé de direction (m/f) de l'école de musique :

M. Paul Origer, de Niederkorn, est nommé nouveau chargé de direction de l'école de musique de Pétange avec effet du 1er mai 2008.

4.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer kënnen zwou Informatioune ginn aus der Geheimsëtzung vum Gemengerot matdeelen. De Gemengerot huet entscheet fir déi Informatioune virunzeginn. Virun engem gudde Joer hate mer den Här Gilles Bertacco fir e Joer genannt op engem „poste pour travailleur handicapé". Mer hunn en elo dës Sëtzung definitiv genannt, an en ass elo definitiv bei eisem Huissier als „aide-huissier" beschäftegt.

Dann awer och eng ganz wichteg Matdeelung. Der wësst, datt mer virun 2 Méint der Madame Geneviève Conter hir Demissioun ugeholl hunn als Directrice vun der Musekksschoul, well si eng aner Plaz um Conservatoire fonnt huet. Nodeems mer d'Plaz ausgeschriwwen haten, goung et elo drëm fir duerch e Vote ze bestëmmen, wien deen neien Direkter gëtt a wien si ersetzt. Haut de Moien ass dee Vote zu Gonschte vum Här Paul Origer ausgefall, dee vum 1. Mee un an der Direktioun vun der Péitenger Musekksschoul ass.

Dat sinn déi zwou Informatiounen aus der Geheimsëtzung.

Dann hätte mer awer och nach e puer aner Saachen ze soen. Fir d'alleréischt wollt ech emol engem Kolleg heibanne félicitéieren, well mer hunn een heibannen, deen ass elo 25 Joer am Gemengerot. Et ass keen anere wéi de Camille Bosseler. Den 8. Abrëll 1983 ass hien an de Gemengerot komm. Dat ass also genee e Véirels-jorhonnert hir, datt en hei ugefaangen huet. En ass an de Gemengerot komm, well den Här Breyer dunn eng kuerz Paus wollt aleeën. En hat et awer nëmmen 3 oder 4 Joer gepackt an do war en nees do. Den Här Bosseler ass 1988 nees an de Gemengerot komm a vun do u sëtzt hien am Gemengerot respektiv am Schäfferot. De Camille Bosseler ass also den 8. Abrëll 1983 erakomm an de Gemengerot well hien den 11. Oktober 1981 als Fënneft-gewielten op der Lëscht vun der CSV war. An duerno ass e 4 Mol eragewielt ginn. Eng Kéier als Drëtten, eng Kéier als Fënneften, eng Kéier Sechsten. Dat bescht Resultat war den 11. Oktober 1987, wou en 2.736 Stëmmen op der Lëscht vun der CSV krut an als Drëtte gewielt gouf. Den Här Bosseler ass och vill an de Syndikater engagéiert, an ech mengen, datt ee vu senge Lieblings-syndikater – wou e menges Wëssens schonn déi drëtt Period dran ass – den TICE ass, wou en och vill matschafft. An dofir géife mer dem Här Bosseler vun dëser Säit aus fir seng laangjäreg Aktivitéit am Intressi vun de Bierger gratuléieren. Déi meescht vun eis hunn nach e laange Wee viru sech fir op 25 Joer ze kommen. Also en Usporn fir déi aner, fir dem Här Bosseler dat nozemaachen.

Camille Bosseler (CSV):

Ech soen iech alleguer, mee awer haaptsächlech eise Wieler villmools Merci, well soss géif ech net méi hei sëtzen. Ech hoffen, datt ech meng Aufgab ëmmer gutt gemaach hunn an ech wëll dat och esou weidermaachen. Nach eng Kéier villmools Merci.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Éier ech dem Här Breyer d'Wuert gi wollt ech och nach e Punkt ervirbréngen. Ech krut dat nach vum Sekretär. Mer haten um Ufank vum Joer eng Rei vu Plaze geschaf am Gemengerot fir Studenten anzestellen. Duerno hat mer ganz vill Demanden erakrut, déi mer awer net alleguer konnten honoréieren. Mer konnten awer deene Propositiounen, déi vum Gemengerot eragereecht goufen, alleguer bis op ee Fall gerecht ginn. An deem enge Fall war déi Persoun ze jonk fir de Posten, deen si wollt kréien.

Mer haten awer och vum Fond-de-Gras, der Asbl wou mer och dra sinn, eng Demande kritt well se iwwer den Tourismusministère net zurzäit Studente konnte kréie fir do uewen ze hëllefen. Si hu gefrot, ob mer als Gemeng nach eventuell zwee Poste kéinte besetzen an engagéieren an hinnen dann zur Verfügung stellen. Haaptsächlech fir déi Leit, déi de Site besiche kommen, ze informéieren an deenen ze weisen, wou den Train 1900 fiert oder wat et ze kucke gëtt. Mer hunn eis do als Schäfferot engagéiert fir zwee Leit ze nennen a fir déi och ze iwwerhuelen. Vum nächste Joer u wäert d'asbl Fond-de-Gras dat och zurzäit maachen an dat och zurzäit mam Tourismusministère ofschwätzen, esou datt déi Leit iwwer dee Wee kënnen agestallt ginn. Dëst Joer war eng Ausnam an dofir wollte mer de Gemengerot awer doriwwer informéieren. Mer hunn der och zwee gefrot, déi sech gemellt hunn, ob se bereet wiere fir dohinner schaffen ze goen. Eng Persoun huet zougesot, mer sichen elo nach eng zweet an da stelle mer dem Fond-de-Gras déi zur Verfügung. Mee vum nächste Joer u mécht de Fond-de-Gras dat selwer. Mee der sollt awer wëssen, datt mer nach zwee Leit méi engagéiert hunn ewéi déi Zuel, déi festgeluegt gouf.

Da géif ech dem Här Breyer d'Wuert ginn fir eng Matdeelung ze maachen.

Roland Breyer, Schäffen:

Et sinn am Fong zwou Matdeelungen, et kënnt nach eng kleng iwwer de Verkéier derbäi. Fir dem Här Bosseler d'Kiischt op de Kuch ze setze fir seng 25 Joer hu mer de Bericht iwwer den Absenteismus just virleien. Dat ass awer éischter Zoufall. Absenteismus ass jo e Wuert, dat a leschter Zäit nawell dacks gebraucht gëtt. E gëtt ëmmer méi aktuell mat dem "statut unique", dee jo elo ënnerwee ass a wou de Patron och verflicht ass, opgronn vun de Fuerderunge vun de Krankekeesen, e bësse méi genee ze verfollegen, wat an hire Betriber lass ass.

Mer hunn an deene leschten zwee Joer intensiv Statistike gefouert iwwer eise ganze Betrib. Dat heescht, iwwer alles wat Verwaltung, wat techneschen Service ass, déi eenzel Regie-Betriber, d'Musekschoul, d'Opfangstrukturen an den "repas sur roues". Mer hunn am Fong geholl Statistiken iwwer 256 Mataarbechter gemaach, déi opgedeelt sinn an 139 Leit mat Aarbechterstatut, 54 Fonctionnairen, 14 "employés communaux" an 49 "employés privés".

2006 hate mer insgesamt 2.461 Deeg, wou Leit net do waren. 2007 sinn et der 2.537, also méi, mee mer hunn awer och méi Leit wéi 2006. Esou datt ee ka soen, datt et gläich bliwwen ass iwwer déi 2 Joer. Wa mer dann e bësse statutméisseg kucken, wéi déi eenzel Tauxen do dra sinn, dat stelle mer Folgendes fest. Bei den "employés privés" sinn et 2,54%, bei de Beamten 2,05%, bei den "employés communaux 1,89%. Wann een dat mat den europäesche Wäerter vergläicht – mer waren eng Kéier an e Fortbildungscours op Bréissel, wou mer matgedeelt kruten, datt déi Wäerter bei 2,5% leien. Hei am Land wäerten et och Statistike ginn, déi eis awer net esou bekannt sinn ewéi déi, déi mer hei virleien hunn an déi mer wëlle vergläichen. D'"employés communaux" an d'Fonctionnaire leien ënner deem Niveau.

Do ass et bei den Aarbechter anescht. Do stelle mer fest, datt d'Moyenne bei 7,94% läit wougéint se am Privatsektor bei 4% läit. Do leie mer also wäit driwwer. Mee et ass awer keng Ausnam hei zu Péiteng wa mer eis mat deenen anere Südgemenge vergläichen. Et ass just eng Feststellung, déi mer maachen. Wann een déi Feststellung mécht, da kann een och net generell soen, datt se all krank gemellt sinn, datt se liddereg sinn a se sech méi dacks krank mellen. Et muss een awer och drun erënneren, datt si aner Aarbechtsbedingungen hunn. Se musse vill dobausse schaffen a sinn och vläicht méi dacks mat Accidenter konfrontéiert. Et muss een awer och gesinn, datt 112 vun deenen 256 Mataarbechter keen Dag krank gemellt sinn. Dat sinn trotzdem 43% an der Moyenne, déi keen Dag geholl hunn. Da sinn der nach 37 derbäi, déi tëscht engem an dräi Deeg krank waren, also déi praktesch net oder ganz wéineg krank sinn. Dat och nach eng Kéier ventiléiert op den Aarbechter- an de Fonctionnaire-Statut. Esou datt ee kéint soen, datt 58% vun eisen Effektiver praktesch ni krank gemellt sinn. Och nees eng Kéier opgedeelt op Beamten an Aarbechter.

Wann een awer déi 42% kuckt, déi méi wéi dräi Deeg krank gemellt sinn, da muss een och an d'Servicer erakucke fir méi Kloerheet ze kréien. Ouni awer elo en Numm ze nennen oder ze soen, deen een oder deen anere wier et, deen déi ganz Moyenne do verhondst. Do stelle mer fest, datt Leit do sinn, déi relativ laang krank sinn. Deen héchste Fall, dee mer haten, dat waren 172 Deeg krank gemellt an engem Joer. Dat war op ning verschidde Perioden opgedeelt an e war an der Moyenne ning Mol ongeféier 20 Deeg krank gemellt. Dat si schro Fäll an do kann ee bestëmmt net vu Simulant schwätzen. Dat si Fäll, wou mer wëssen, datt d'Gesondheet net esou matspillt. Wat heiansdo méi delikat ass, dat ass, datt déi regelméisseg Frequenz méi héich ass. Déi déckste Frequenz, déi mer hunn, dat ass een, deen zing Periode krank gemellt war mat engem Total vun 16 Deeg. Dat heescht, 1,6 Deeg an der Moyenne krank gemellt. Dat sinn einfach statistesch Feststellungen.

Déi zweet Tendenz, déi mer gekuckt hunn, ass déi geféierlechst. An déi soll een och e bësse verfollegen. An dat ass wa Leit do eng Frequenz entwéckelen, déi net normal ass a sech krank melle wann e Problem op der Aarbecht ass, sech net ganz gutt spieren oder wann emol de Partner oder d'Kand krank ass. Dat sinn alles Ursaachen, déi ee muss verfollegen andeems een Diskussioune mat de Leit féiert. A wann do anormal Statistiken derbäi sinn, da kann een och emol mat de Leit schwätzen. Mer hunn hei och an de Betriber gekuckt, well do den Taux bei den Aarbechter einfach méi héich ass. Dat war ganz einfach fir ze gesinn, a wat fir engem Betrib e méi héich ass a firwat. Mer hunn awer nëmmen déi Betriber geholl, déi och representativ sinn. Wa mer Betriber hunn ewéi de Recyclingcenter, do hu mer dräi Leit schaffen. Wann do e schroe Fall ass, dann ass och d'Statistik komplett anormal. Dofir muss een driwwer schwätze wann op d'mannst zing Leit do beschäftegt si fir iwwerhaapt eng normal Statistik ze kréien.

Am Service "Propreté" hu mer 70 Leit beschäftegt. 23 Leit waren ni krank gemellt an 42 ware krank gemellt. Also ronn 60%. Do louch d'Zuel vun den Deeg an der Moyenne bei 17. En Total vun 1.457 Stonnen, déi alleng op dësen Service ze verbuche sinn. Dat sinn der relativ vill an den Taux ass och do deen héchsten. Do wësse mer och - ouni sexistesch ze ginn - datt d'Dammen, et sinn der an dësem Servicer vill beschäftegt, a si hu keng manner gutt Gesondheet wéi d'Häre, awer heiansdo méi empfindlech si wat den Environnement doheem ugeet. Wann e Kand krank ass oder esou, da sinn och déi Krankmeldunge méi spontan.

Loosse mer dat esou nennen. Oder de Mann ass krank an da muss d'Fra doheem bleiwe fir e bëssen opzepassen. Dat ass esou e bëssen den typesche Schema, ouni awer do wëllen eng verfréite Konklusioun ze zéien. Mee et ass just eng Feststellung.

Beim Service "Hygiène et Eau" sinn 27 Leit beschäftegt. Siwe waren der ni krank gemellt, 20 waren der krank gemellt, an do war d'Dauer an der Moyenne fënnef Deeg. Do goungen 7,9 % vun der Schaffzäit verluer.

Am Service "Bâtiment" sinn 16 Leit beschäftegt. Fënnef waren der ni krank gemellt, 11, déi zesummen an der Moyenne nëmmen zwee Deeg krank gemellt waren, wat 6,25% ausmécht.

Am Service "Espaces verts" sinn 14 Leit beschäftegt. Dovunner waren der véier ni krank gemellt. Zing Leit ware krank gemellt, mee nëmme fir eng kuerz Zäit.

Et stellt ee fest, datt déi Leit, déi dobausse schaffen, heiansdo manner krank si wéi déi, déi dobanne schaffen. Och do mengt een heiansdo, et miisst ëmgedréint sinn. Och fir de Patron ass et wichteg, datt e kuckt, wéi déi Tendenze ginn an och fir ze kucken, datt d'Aarbechtskonditioune gutt sinn. Et kéint jo sinn, datt duerch iergend e Botzmëttel oder den Environnement Leit krank ginn. Dofir wëlle mer dat elo verfollegen an och mat deene Leit Gespréicher an de Servicer an och dernieft féieren. Mee am grousse Ganze si mer um gudde Wee. Mer haten an der Zäit scho méi héich Statistiken. Mer haten der schonn, déi iwwer 11% louche bei den Aarbechter an elo si mer op 7,94%. Ganz ewech kréie mer et net. Mer kennen och méi dramatesch Fäll, déi do sinn, déi een einfach muss mathuelen an déi och d'Statistike beaflossen. Dat ass awer lo just eng Informatioun, ouni elo wëllen een un de Pranger ze stellen. An der Dokumentatioun, déi der virleien hutt, hutt der dann nach zwou Grafiken, wou méi genee an all eenzelne Service gekuckt gëtt a wou dann och gewise gëtt, wou et e bëssen anormal, respektiv normal ass.

De Schäfferot huet sech deem elo bewosst ugeholl a wäert och an deenen nächste Méint mat deenen eenzelne Servicer an och mat deenen eenzelne Fäll diskutéieren. An dat fir einfach d'Kommunikatioun ze erhalen an net einfach ze soen, datt een eens soll gi mat senger Gesondheet wann ee krank ass. Anerer, déi vläicht e bësse sensibel sinn, sollen och drun erënnert ginn, datt eng Solidaritéit ënner Kollegen do matspillt an datt, wann ee feelt, en aneren e bësse méi ze schaffen huet. Dat ass dee Wee, dee mer wëllen aschloen. Et ass just eng plakeg Statistik, déi och weider net soll kommentéiert ginn.

Eng zweet Informatioun, déi mer wollte ginn, dat betrëfft d'Rodanger Gare. Der gesidd, datt do d'Aarbechten amgaange sinn. Et sinn och scho Poteauen opgeriicht gi well jo eng Ampelanlag dohinner kënnt. A fir elo net schonn am Virfeld Hoffnungen ze maache wëlle mer ganz kloer soen, datt d'Ouverture vun der Kräizung no dem neie System op den 8. Mee virgesinn ass. Éischter net well et ginn nach e ganze Koup Marquagen an aner Neigestaltungen do virgeholl. Den 8. Mee hu mer wëlles eis zesumme mat dem Gemengerot op der Plaz anzefannen. Der kritt och nach eng Invitatioun, zesumme mat der Press.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Da soen ech dem Här Breyer Merci fir d'Informatiounen. Do huet jo jiddereen och nach Lektür fir dat duerchzekucken a fir och déi ganz Problematik vun de Krankmeldungen ze analyséieren. Op däer aner Säit dann och déi Informatioun, datt mer endlech déi Rodanger Barrière kënnen opmaachen an de Verkéier do esou normaliséiert kréien ewéi mer eis dat virstellen.

Jeannot Linden (LSAP):

Wat de SIACH ugeet, do wollt ech den Här Breyer just froen, wat déi Erhéijung vun 154% bei den Ausgaben ass.

Roland Breyer, Schäffen:

De rektifizéierte Budget ass ëm esou vill zeréckgaangen an de initiale Budget ass ëm esou vill an d'Luucht gaangen. Ganz einfach wéinst deem Bau, also wéinst der Vergréisserung, déi 2007 geplangt war, mee déi duerch administrativ Hürden net ugoe konnt. Do ass de Budget nees erofgesat ginn am rektifizéierten an op de Budget 2008 iwwerschriwwe ginn. Dat heescht, de Bau gouf eréischt am Januar ugefaangen, an net schonn am Oktober 2007 wéi virgesinn. Méi ass et net.

Der musst awer och kucken, datt en am rektifizéierte Budget esou vill erofgaangen ass. Dat ass d'Erklärung.

Camille Bosseler (CSV):

Fir nach eng Kéier op den Absenteismus zeréckzekommen, just nach eng Suggestioun. Et gëtt Leit, mer haten dee Fall op der Arbed, déi a sech net direkt krank waren, mee déi heiansdo wéinst dem Klima an hirem Service krank gemaach gi sinn. An déi sinn duerno vum Wierksdokter geruff ginn, deen och mat hinne geschwat huet. Wann d'Betriber an der Rei sinn an och wann d'Klima gutt ass da muss een net den Dokter direkt huelen. De Schäfferot kann déi Leit och emol ruffen a mat hinnen diskutéiere fir gewuer ze ginn, wat do lass ass a firwat een esou dacks krank ass. Vläicht ass dat jo duerch e schlecht Klima bedéngt op der Aarbechtsplaz.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat hu mer jo och gesot. Mär ruffen déi Leit. A mer waren och tëschenduerch mat dem Kontrolldokter zesumme fir mat deem ze kucken a säin Avis ze kréien. Ouni datt dee mat Nimm soll déngen, mee fir dat generellt Klima ze gesinn, fir datt hien och soll duerno kucken an och wéini ee muss bei Problemer wéi Alkoholismus oder Drogekonsum Alarm schloen. All déi Saache si gemaach ginn. Mer hunn och wëlles mëttels enger Charta nach en „médecin de confiance" mat eranzebréngen. Och fir Leit, déi regelméisseg krank sinn. Fir datt een hinne ka virschloen, se sollten dach emol bei deen Dokter goen an e Wuert mat him schwätzen. All déi Saache ginn esou gutt psychologesch wéi och pathologesch begleet.

5.1.

Administration générale.

Conseil communal: commission de l'environnement, de l'aménagement du territoire et de l'urbanisme – démission, nomination.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Zur Informatioun : den 8. Mäerz 2008 huet d'Madame Myriam Hansen vu Rodange hir Demissioun eragereecht am Kader vun der „Commission consultative de l'environnement, de l'aménagement du territoire et de l'urbanisme". Eis Kollegen aus der LSAP hunn eis en neie Kandidat proposéiert, an zwar den Här Romain Brück, deen d'Madame Hansen soll ersetzen. Mer miissten haut am Fong 2 Entscheedungen treffen. Engersäits d'Demissioun vun der Madame Hansen unzehuelen, an anersäits d'Nominatioun vum Här Brück gutt ze heeschen.

Vote à voix haute: La démission de Mme Hansen est accordée à l'unanimité.

Vote secret: La nomination de Monsieur Patrick Brück est accordée à l'unanimité.

5.2.

Administration générale.

Syndicat intercommunal pour l'exploitation d'un centre de compostage régional à Monder-

cange (Minett Kompost) – financement de l'installation de fermentation – décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

Dir Dammen an Dir Hären, déi regional Minett-Kompost-Anlag ass ze kleng ginn. De Syndikat huet dofir entscheet, déi ze vergréisseren, respektiv eng nei Installatioun am „Centre de compostage" ze bauen. Am Courrier vum 20. Mäerz 2008 huet d'Syndikat dem Schäfferot d'Informatioun zoukomme gelooss, datt d'Gesamtkäschte vun esou enger Anlag bei 23.404.673 Euro léichen. Zwee Drëttel gi vum Stat iwwerholl, wat 15.820.800 Euro géif ausmaachen. Et bleiwen nach 7.583.873 Euro. D'Syndikat selwer huet och nach „fonds propres" vun 2 Milliounen Euro an d'„participation extraordinaire" vun de Gemengen aus dem Joer 2008 an Héicht vun 1.470.000 Euro. Et bleiwen also nach 4.050.000 Euro ze finanzéieren. An der Sëtzung vum 18. Dezember 2007 huet de Comité vun dem Syndikat dat duerch en Emprunt maachen ze loossen.

D'Gemeng Péiteng huet eng Participatioun vun 8,41%, esou datt dat e Chiffer vun 340.605 Euro géif ginn. Et ass elo esou, datt mer eng Méiglechkeet hu fir um Emprunt matzemaachen oder datt een direkt eis Part als Kapital kéint abezuelen, wat sech natierlech géif op den ausseruerdentleche Budget auswierke well et natierlech an engem eenzelne Chiffer gemaach gëtt. Wann een dat iwwer den Emprunt mécht, dann huet een d'Méiglechkeet, dat iwwer Annuitéite gemittlech ze bezuelen, esou datt de Schäfferot fir den Emprunt optéiert. Ech wollt dofir och proposéieren, datt de Gemengerot sech der Positioun vum Schäfferot uschléisst.

John Polfer (CSV):

Jo, den Här Welter huet elo kuerz deen finanziellen Deel ëmrass. Ech wollt just dozou soen, datt, wann elo déi Anlag ausgebaut gëtt, dann ass dat esou eppes wéi eng Pilot-Anlag. Et wäert och Biogas do produzéiert ginn. Do ginn och scho Gespréicher mat Sudgaz gefouert fir dee Biogas dann och anzespeisen. Dat ass och fir eis CO2-Emissioune gutt. Des Weidere wëll ech awer och nach soen datt, wann d'Kapazitéiten elo erhéicht ginn, de Minett-Kompost hire Surplus net méi brauch per Schëff an Däitschland ze féiere fir datt en do kompostéiert gëtt. Déi Käschte wäerten dann och ewechfalen.

Camille Bosseler (CSV):

Ech wollt froen, ob déi 8,41% op d'Awunner berechent sinn ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Neen, esou wäit ech weess ass déi Berechnung do opgronn vun deem wat mer dohinner féieren. Mär hunn do Undeeler kaf an opgronn vun deenen neie Statuten ass et net alleng d'Awunnerzuel – obwuel déi och nach eng Roll spillt, well wat mer méi Awunner hunn, wat mer méi dohinner féieren – mee och opgronn vun deene Parten, déi mer hunn, definéiert.

Romain Rosenfeld (CSV):

Et ass scho richteg, wat den Här Polfer gesot huet. Et si scho Gespréicher mat Sudgaz gefouert ginn an et ass laang no engem Tracé gesicht gi well jo awer eng relativ Kapazitéit vu Gas do erauskënnt wat de Biogas ugeet. Mer haten do e Problem mat der Autobunn well mer dës Säit just konnten zu Monnerech aspeisen. A well dat eng zevill grouss Mass gewiescht wier fir do ze verdeelen op d'Stéid hu mer elo och eng Léisung fonnt. Et geet elo ënner der Autobunn erduerch a gëtt déi aner Säit um Netz ugespeist, wou dat da vill méi diversifiéiert gëtt a wou dat wierklech kee Schued mécht. Do war am Ufank Angscht bei dem techneschen Service vu Sudgaz. Wann dat zevill massiv agespeist gëtt op Plazen, do si Froe gestallt ginn zu de Stéierunge bei de Leit hiren Apparater doheem. Dat ass awer elo gekläert ginn. Mer waren och Anlagen am Ausland kucken. An déi Anlag do entsprécht och elo de Critèren, datt de Gas déi selwecht Qualitéit huet wéi deen, dee mär verkafen. Et ass scho wéi den Här Polfer gesot huet, et ass e Pilotprojet vum Wirtschaftsministère. An den Här Krecké dreift dat och virun. Et ass och elo op enger Instanz, wou et nach vläicht dëst Joer ugeet mam Bau. Ech wier och frou, wa mer et eng Kéier kéinte besiche goe wann et fäerdeg ass, well et gëtt wierklech eng super Anlag.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Esoubal dat fäerdeg ass wäert jo och eng Porte Ouverte sinn. Mee mer kënnen eis awer och dann eng Kéier als Gemengerot déi Saach ukucke goen.

Accord à l'unanimité.

5.3.

Administration générale.

Titres de recettes: déclarations diverses au montant total de 5.387.926,37 € – approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Do hu der all déi Recetten an ären Ënnerlage stoen, déi an deene leschten zwee Méint erakomm sinn. Do hu mer nach en Deel, deen op 2007 gebucht gëtt, de Rescht awer op d'Joer 2008. Et sinn am ganzen 5.387.926,37 Euro, wou ee ka feststellen, datt de Solde vun der Gewerbesteier erakomm ass. Awer och schonn déi éischt Avance vun der „Dotation de l'Etat", wou am Fong geholl – wat d'Recetten ugeet – quasi alles ofgeschloss ass vun 2007, wou awer nach vläicht am nächste Gemengerot de Rescht kënnt, well der wësst jo, datt vun Enn Abrëll un näischt méi op 2007 gebucht gëtt. Och wann nach eppes kënnt wat 2007 ugeet. Da wäerte mer dat och mussen op 2008 buchen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hunn e puer Froen. Ech hat mer d'Méi gemaach an an deenen aneren „Aide-mémoiren" gewullt. Mat der Gewerbesteier. Do ass de Solde vum Joer 2007 op 1,8 Milliounen Euro. Wéi sti mer mat deem Chiffer par rapport zu de budgetäre Previsiounen ? Leie mer do drënner, hu mer e klenge Boni a kënne mer dee vermierken ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass esou, datt, wat d'Gewerbesteier an d'„Dotation de l'Etat" ubelaangt, mer zesumme par rapport zum rektifizéierte Budget 1,6 Milliounen Euro méi erakréien ewéi et do virgesinn ass. D'Gewerbesteier mécht do dee gréissten Deel aus mat – ech géif soen – ronn 900.000 Euro an d'„Dotation de l'Etat" läit bei 600.000 oder 700.000 Euro. Déi genee Chiffere kann ech iech awer och ginn.

Den 30. Abrëll schléisse mer jo of, a beim nächste Gemengerot ginn ech iech d'Situatioun. Mer wäerten och manner héich Ausgaben am uerdentleche Budget hunn ewéi et virgesi war, esou datt d'Reserve, déi mer als Gemeng hunn, wahrscheinlech bei zwou oder 2,5 Milliounen Euro wäert leien. Mer hunn nach eng Zomm vun 395.000 Euro ze kréien an déi och dës Woch komme soll. Wann déi kënnt, da wäerte mer no bei 2,5 Milliounen Euro leien. Mee déi genee Chiffere wäert ech iech dann an der nächster Gemengerotssëtzung ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hunn déi Saachen nogekuckt. An am Gemengerot vum 26. hu mer einfach eng Dotatioun vun zwou Millioune stoen. Mee et steet weder dran ob dat eng Avance op dat 1. Trimester 2008 ass oder ob et e Solde vun 2007 ass. Et steet einfach Dotation do. Do steet dee Chiffer, mee bei deenen anere steet iwwerall entweder Avance oder Solde. Well ech hunn et näämlech nogekuckt an ech hu mech e bësse gewonnert. Am éischten

Trimester 2007, do hate mer eng Avance vun 2,35 Milliounen Euro – ech rënnen of. Do koum e Solde vun deem selwechte Chiffer.

Am zweeten Trimester hu mer 4,7 Millioune kritt. Da si mer jo nees op deem Chiffer. Am drëtten Trimester hu mer och 4,7 Millioune kritt. An d'Avance fir dat véiert Trimester war 2,35 Milliounen – vun der Dotatioun. An dofir froen ech ob déi, wou näischt derbäi stoung, de Solde oder schonn d'Avance vun 2008 ass. Well et steet näämlech just Dotation do.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Also et ass de Solde, mee mer kënnen iech de Gesamtchiffer gi bei der nächster Gemengerotssëtzung. Well dann ass och den 30. Abrëll eriwwer an dann hu mer jo ofgeschloss. Da wäert ech och e kuerze Kommentar gi wéi eis finanziell Situatioun ass. Opgronn vun deem, wat mer hei kruten, ass se net schlecht. Dat kann ee wierklech soen. De Moment hu mer eng gutt Situatioun, och fir d'Joer 2008. Och wann ee weess, datt et 2008 e bësse méi lues geet. Et ass net méi déi selwecht Situatioun wéi 2007. Mee mer kënnen awer soen, datt mer d'Joer 2008 kënne mat enger gewësser Serenitéit ugoen.

Mer haten och als Schäfferot virgesinn, déi genee Chifferen am Mee virzeleeën.

Approbation à l'unanimité. M. Gira, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

5.4.

Administration générale.

Décompte de travaux extra-ordinaires: service d'animation culturelle – travaux de réfection de la façade du bâtiment – approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Hei geet et ëm d'Fassad vun dem Gebai wou eisen „Service d'animation culturelle" dran ass. Et ass nieft dem administrative Gebai wat mär d'Fischen-Haus nennen. Dat stoung jo scho méi laang am Gespréich. Do hu mer d'Fassad mussen an d'Rei setzen. Mer haten en Devis vun 20.000 Euro guttgeheescht. Mer haten och e Kredit guttgeheescht vun 20.000 Euro. Dofir war och am Budget genuch virgesinn. Déi effektiv Ausgab ass awer elo nëmmen 18.394 Euro. Dofir géif ech iech bieden, dësen Dekont ze stëmmen.

Approbation à l'unanimité.

5.5.

Administration générale.

Réaménagement de l'hôtel de ville: contrat de location pour la mise en place de conteneurs – approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Der wësst, datt mer drop an dru si fir de Rez-de-chaussée vun eisem Stadhaus ze erneieren. Do musse mer e wéineg kucke fir gewësse Bureauen, déi agëengt ginn, erauszehuelen. An dofir si mer zu deem Punkt komm, datt mer fir déi Zäit vun den Aarbechten e Pavillon lounen. Esou datt eis Beamten och uerdentlech kënnen ënnerbruecht ginn. Ech mengen, dat Ganzt geet iwwer eng Period vun 10 Méint a mer hoffen natierlech, datt mer an deem Délai déi Aarbechte kënnen ofgeschloss kréien. Dee Pavillon soll virun d'Gemeng stoe kommen. Et soll eng Verbindung dohinner kommen, wou et an d'Gebai erageet. D'Keess soll do era kommen. Ech mengen, déi schafft jo onofhängeg, a se soll och ofgeséchert ginn. Dofir géing ech iech bieden, dëser Locatioun zouzestëmmen. Wéi der och kënnt an der Délibératioun gesinn, ass et e Pavillon vun 93 m2. De Loyer ass 1.475 € de Mount ouni TVA. Ech mengen, fir d'Liwwere musse mer nach eng Kéier 2.000 € bezuelen, esou gutt fir en dohinner ze setzen ewéi fir en duerno och nees ofzehuelen. Mee ech mengen, mer sinn eise Beamten dat schëlleg, datt se an der Zäit, wou hei geschafft gëtt, och uerdentlech kënne schaffen.

Roger Klein (LSAP):

Fir d'éischt eppes zur Terminologie. Ech erënnere mech, wéi mer fir d'éischt däer virfabrikéiert Schoulsäll virun zing Joer hei an d'Gemeng kruten. Do huet d'Majoritéit vun deemools och vu Pavillone geschwat an d'Oppositioun vu Containeren. Haut riichte mer e Pavillon op, mee déi Firma, déi se liwwert, nennt hir Pavillone selwer Container. Mee dat just „pour la petite histoire". Dovunner ofgesi war ech e bëssen erféiert, wéi ech de Präis vun der Locatioun gesouch. Wann een dovunner ausgeet, datt een hei zu Péiteng am Moment eng Surface loune ka fir 10 € de Quadratmeter de Mount, da leie mer hei bei 15 €. Dat schéngt mer relativ gesalzt ze sinn, mee et schéngt mer awer och de Präis vum Maart ze sinn. Dofir meng Fro : war dat déi eenzeg Méiglechkeet fir esou e Pavillon hei opzeriichten oder war och gekuckt gi fir am Zentrum eppes fir e Joer ze lounen. Well d'Op-an Ofriichten kënnt jo och nach derbäi. Do hätt een awer vläicht kënnen eppes fanne wat dee selwechten Déngscht gemaach hätt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et muss ee wëssen, datt mer hei an engem Kader si vun der Keess, déi do installéiert gëtt a wou mer och gewësse Sécherheetsmoossnahme mussen huelen. Dat kënnt e bëssen ewéi op eng Bank eraus. Bei Restauratioune maachen déi dat och. Dofir komme mer och ganz no bei d'Gebai. D'Keess muss iwwer Leitunge mat der Administratioun selwer verbonne sinn. Mer haten analyséiert fir se eventuell 'A Rousen' ënnenan ze setzen. Dat wier och eng Alternativ gewiescht. All déi Saache sinn awer vun der Administratioun als net gutt duergestallt ginn. Fir den Déngscht un eise Bierger ass gesot ginn, datt d'Verbindung tëscht der Gemeng an der Keess miisst bestoe bleiwen. Ech muss éierlech soen, datt ech kee grousse Frënn vun däer Saach war, mee ech hu mech awer iwwerzeege gelooss. An ech hunn och gesot, datt et fir en absolute Maximum vun 10 Méint miisst sinn. Dat Ganzt muss op en absolute Minimum reduzéiert gi well ech net der Meenung sinn, datt dat eng gutt Léisung ass, mee well et eigentlech déi eenzeg technesch Méiglechkeet ass fir esouwuel de Fonctionnement vun de Betriber ewéi och den Ëmbau ze garantéieren. Ech hu mech awer breetschloe gelooss fir déi Léisung, déi net onbedéngt déi war, déi ech privilegiéiert hunn. Mee d'Administratioun huet gesot, datt se dat géife virzéien.

Roger Klein (LSAP):

Ech soe Merci fir d'Explikatiounen. Ech kann déi och novollzéie wann dat déi eenzeg technesch Méiglechkeet ass. Da musse mer eben an de saueren Apel bäissen. Mee déi Operatioun ass ganz schéin deier.

Romain Becker (Déi Gréng):

Majo, ech wollt hoergenee dat selwecht froen ewéi den Här Klein. Mär war och virgeschwieft, ob een dat net fir déi Zäit 'A Rousen' ënnerbrénge kéint. Mee ech krut jo elo d'Explikatioune vum Buergermeeschter. Ech géif him awer dann och nach eng Kéier mat op de Wee gi fir déi Aarbechten zügeg virugoen ze loossen, esou wéi dat soll geschéien. An net, datt dat doriwwer erausgeet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mer wäerten och dofir suergen, mat alle Mëttelen.

Approbation à l'unanimité.

6.1.

Propriétés.

Cession, à la commune, d'une emprise place-voirie sise à Rodange, rue du Clopp, par Me Gaston Stein de Luxembourg, en sa qualité de curateur de la société G. Valvasori de Bettembourg - approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Et ass 1,55 Ar, Kadaster-Nr 11677023. Dat Ganzt geet gratis an de Gemengebesëtz iwwer, a gëtt an d'Netz vun der Voirie integréiert. Ech géif iech bieden, déi Saach ze regulariséieren.

Approbation à l'unanimité. M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

6.2.

Propriétés.

Cession, à la commune, d'une emprise à Pétange, lieu-dit « Cité CFL » par M. Fernando PAULOS VIEIRA et Mme Isabelle FERNANDES ALMEIDA de Kayl - décision de principe.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Dat ass och eng Regularisatioun vun engem Compromis, dee mer den 10. Januar 2008 gestëmmt hunn. An zwar ass dat eng Cessioun vun 14 Centiar an der Cité CFL hei zu Péiteng. Dat Ganzt ass och gratis.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hu mer dat ugekuckt. Mer haten dat deemools mat däer Damm an deem Här vu Kayl beschwat. Dat war jo déi Geschicht vum Verleeë vun der Kanalisatioun vum 18. Oktober 2007. Mee do waren awer ganz aner Nimm genannt ginn. Do war en Joao De Almeido an eng Isabelle Fernandes Almeida. Hei hu mer et awer mat engem aneren ze doen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Dat hei ass den Noper. De Papp wunnt niewendrun. Et ass de Papp an d'Meedchen. An d'Meedche baut niewendrun. Dofir war och déi Saach mam Kanal. An dat do ass de Papp.

Accord à l'unanimité.

6.3.

Propriétés.

Acquisition, de la part de M. Robert Clees, de Michelbouch, de deux terrains-labours sis à Pétange, lieux-dits « Auf Herbstberg » et « Auf dem Galeh » - décision de principe.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Der wësst jo scho méi laang, datt mer do uewen um Hierschbierg gäre géifen e Waasserreservoir bauen. Dee brauche mer dréngend. An et huet eis en Terrain do uewe gefeelt. Et ware Verhandlungen, déi vill méi laang gedauert hunn, mee mer konnten awer elo en Terrain ofkafe vum Här Clees vu Michelbouch. Et sinn 62 Ar an 90 Centiar do uewen „Op dem Galeh". An dat zu engem Präis vun 80.000 Euro. Dee ganzen Terrain ass och net grad bëlleg, mee mer si ganz frou, datt mer dat elo endlech krut hunn a mer kënnen ukomme fir dee Basseng kënnen ze plangen.

Roger Klein (LSAP):

Ech hu méi eng prinzipiell Remarque e maachen a sinn natierlech mat dem Kaf vun deem Terrain, well et noutwenneg ass, averstanen. Et ass mer opgefall, datt mer eng Praxis hunn, déi esou al ass ewéi ech am Gemengerot sinn, an dat sinn iwwer 20 Joer. Mer miissten eis awer eng Kéier Gedanken driwwer maachen. D'Gesetz gesäit jo vir, datt, wann d'Gemeng keeft, en Expert säin Avis muss dozou ofginn. Déi verschidden Experten, déi an deenen 20 Joer do waren, ginn och hiren Avis of a se schreiwen „après avoir considéré les prix pratiqués dans la commune pour les transactions de la sorte, estime que le prix est juste et correct". Dat ass e Saz, dee mer zënter 20 Joer drastoen hunn. Mee mer hunn ni eng Motivatioun drastoen. Et wier vläicht flott, wann een eng Motivatioun krit an e puer Beispiller oder Transaktioune géif ufëieren. Da géif een effektiv gesinn, ob déi Präisser, déi d'Gemeng muss bezuele wa se eppes keeft, de Präisser entspriechen, déi um „marché public" bezuelt ginn. Ob se driwwer oder drënner leien. Wéi gesot, dat hei ass e bëssen einfach.

Pierre Mellina ,Buergermeeschter :

Ech ginn iech natierlech Recht, datt een dat do ka maachen. Mee ech mengen de Präis gëtt sécherlech definéiert a Fonctioun vun deem wat ronderëm ass. Anersäits awer och vun dem Interessen, deen een huet. E Präis kann awer emol variéieren a Fonctioun vun den Interessen, déi de Keefer huet par rapport zum Kaf vun engem Terrain. Et kann ee sécherlech Beispiller uweisen. Dat gëtt natierlech net einfach, besonnesch do um Hierschbierg, wou ganz wéineg Terraine verkaf ginn. An da miisst een dat nees vergläiche mat Terrainen, déi op enger aner Plaz verkaf ginn. An da muss een natierlech kucken ob den Hierschbierg ze vergläichen ass mat engem Prënzebierg oder net. Et ass net einfach, wann esou wéineg Transaktiounen op esou Plaze gemaach gi fir Vergläicher opzestellen. Et ass sécherlech an engem Duerf, wou Haiser verkaf ginn, méi einfach. Do kann ee vergläichen ob am Ëmkrees ähnlech Haiser verkaf ginn, an da kann een och e Verglach opstellen. Da kann een och soen, datt de Präis vun engem Haus och equivalent ass zu enger Rei aner Venten, déi an däer Ëmgéigend gemaach goufen. Mee bei Saachen ewéi däer hei gëtt et sécherlech net einfach well dat awer rar Transaktioune sinn, déi ganz schwéier mat enger aner Saach ze vergläiche sinn, an déi och an der Zäit mussen no beienee leie fir e valable Verglach ze maachen.

Roger Klein (LSAP):

Ech ginn iech vollkomme Recht an ären Ausféierungen. Da solle mer awer och kloer soen „vu l'intérêt pour la commune". Well wa mer schreiwen „après avoir considéré les prix pratiqués dans la commune pour les transactions de la sorte ", da miisste mer jo och esou Präisser virleien hunn.

Pierre Mellina ,Buergermeeschter :

Wann dat effektiv esou drasteet, da musse mer den Här Nau froen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech begréissen och endlech, datt mer emol en Deel hu fir ufänken ze kënnen.

Raymonde Conter-Klein ,Schäffen :

Dat hei ass dee ganzen Deel.

Jeannot Linden (LSAP):

Ah, et ass alles. Gutt, well mer schwätze jo scho Jore laang dovunner, datt d'Noutwennegkeet besteet fir dee Basseng ze bauen, fir déi aner kënnen ze entlaaschten. Et ass jo net grad geschenkt wat de Präis ugeet. Mer hunn eis jo och nach engagéiert fir eng ganz Rei Aarbechte ronderëm ze maachen, ewéi den Zonk oder, ech gesinn dat hei, en „abreuvoir". Dat fält jo och nach zu Laaschte vun der Gemeng. Endlech ginn awer Neel mat Käpp gemaach.

Pierre Mellina ,Buergermeeschter :

Ech ginn iech Recht, datt et net geschenkt ass, mee mer brauchen et.

Johny Polfer (CSV):

Ech mengen, der hutt jo scho gesot, datt mer d'Terrainen alleguerten hunn. Ech war näämlech no engem Stéck Wiss gefrot ginn, dat gefeelt huet. Dat soll si wou en Iwwerlaf ass oder wou et

ofleeft. An dat géif vill ze wäit féieren, well do nach e Stéck Wiss géif feelen. Méi kennen ech och net dovunner. D'Madame Conter seet jo, datt alles do kaf ginn ass.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech hunn d'Transaktioune gemaach an ech hunn och de Schantjen ënnert mer. Also mer kommen un dat, wat mer brauchen. Mer kommen un de Wee – dat ass op der Héicht vun de Wisen, déi fréier dem Här Klein – net den Här Klein hei – gehéiert hunn an deen se fir e bëllege Präis weiderginn huet a mär se du fir en héije Präis erëmkaf hunn. An dat well gewosst war, datt do muss deen hydraulesche Niveau fir den Ausgläich mat deem Rodanger Basseng gemaach ginn. Mer hunn elo alles a kënnen direkt an d'Strooss eragoen. Mer kënnen dann och oprappen. Als klengen Trouscht fir d'Awunner aus der Belair-Strooss, déi jo zimlech schlecht ass an och nach wäert dräi Joer laang esou bleiwen, kann ee soen, datt alles muss opgerappt ginn. Déi Zouleitung vum Waasser gëtt dann erofgezunn an da ginn d'Infrastrukturen nei gemaach. Eréischt duerno gëtt den Deckel drop gemaach. Also et gëtt nach e schroe Match, well dee ganzen Hierschbierg opgerappt gëtt. Et gëtt also net esou einfach.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mee wa mer wëllen effektiv eise Bierger alleguer e proppert Glas Waasser presentéieren a garantéieren, da komme mer net dorëm. Endlech kënne mer mat dësem Kaf déi nächst Schrëtt alaude fir déi noutwenneg Aarbechten ze maachen.

Accord à l'unanimité.

6.4.

Propriétés.

Acquisition, de la part de Mme Charlotte Hamer de Luxembourg et de Mme Camille Strommenger de Pétange d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit « Schepges Wies » - décision de principe.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Dësen Terrain läit do uewe beim Kierfecht. Well mer jo och emol mussen drun denke fir eise Kierfecht zu Péiteng ze vergréisseren, si mer zur Konklusioun komm, datt et zu dësem Zäitpunkt ganz wichteg ass fir dësen Terrain ze kafen. Dat Ganzt huet 27 Ar an 30 Centiar. Dir fannt et ënner der Kadasternummer 4131744 an et huet 13.650 Euro kascht. Ech géif iech bieden, dëse Kaf ze stëmmen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Iwwer deem Terrain a Richtung Prënze-bierg, sinn do Terrainen, déi der Gemeng scho gehéieren oder denke mer drun, fir déi lues a lues och ze kafen ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Mer hunn do schonn eng Partie kaf, mee ech kann awer ganz genee nofroen wat fir et sinn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Neen, et ass elo net dramatesch. Mee et ass awer virgesi fir do déi ganz Säit als Extensioun vum Kierfecht ze benotzen?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Wa mer se kréien, jo. Well um Kierfecht fänkt et un e bëssen enk ze ginn a mer mussen dorunner denken.

Accord à l'unanimité.

6.5.

Propriétés.

Vente, d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit « rue Nic. Biever » à M. Manuel DA SILVA GONCALVES de Rodange - décision de principe.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et ëm 4 Centiar, déi mer verkafen an der rue Nic Biever zu Rodange. Dat Ganzt läit ënner der Kadasternummer 4666103 an dee ganze Verkaf beleeft sech op 30 Euro.

Jeannot Linden (LSAP):

Wéi hunn se erausfonnt, datt do dee klenge Wutz nach géif leien? Well dat ass jo beim Atelier Muller. Hate si e Plang? Well dat muss jo iergendwéi do erauskomm sinn ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat war net matverkaf ginn. Do stoung en elektresche Poteau drop an dofir gouf et deemools ausgeschloss. Dat ass awer elo ewechkomm an elo hu mer alles regulariséiert. Mer sinn och amgaang, wa mer esou Ecker an der Gemeng hunn, déi Plazen esou séier wéi méiglech ze regulariséieren. Et ass e groussen Opwand, mee mer kommen net derlaanscht.

Accord à l'unanimité.

7.

Ordre public.

Prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion des braderies de 2008 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Der wësst och, datt mer all Joer eng Kéier déi fräi Nuechte festleeën an deenen eenzelne Lokalitéiten. Et feelen och all Kéier d'Braderien, well mer d'Datumen nach net kennen. Elo kenne mer se. Zu Rodange/Lamadelaine ass d'Braderie den 3. Juni 2008, zu Péiteng ass se den 19. Juli 2008. Esou datt mer elo nach eng Kéier bei déi Lëscht, déi mer den 20. November 2007 scho gestëmmt haten, déi zwee Datume bäisetzen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wollt froen, ob déi dann elo definitiv si well se jo fir den 21. virgesi war.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass elo definitiv.

Accord à l'unanimité.

8.1.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Do hutt der eng ganz Lëscht mat deene Kontrakten, wou mer entweder an der Primärschoul, am Précoce, an der Spillschoul, an de Spezialklassen, an der „Maison relais" an an der Musekschoul Remplacementer gemaach hu wann ee krank war. Der hutt hei eng ganz Rëtsch an et geet drëm fir déi Kontrakter, déi de Schäfferot ënnerschriwwen huet, ze ratifizéieren.

Ratification à l'unanimité. M. Gira, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.2.

Enseignement.

Colonies scolaires: octroi d'un subside (solde de 2008) à l'association « Classe de neige de la Commune de Pétange » - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Der hutt an ären Ënnerlagen eng nei Délibératioun mat dem definitive Bilan well do war e klenge Feeler. Ech hunn elo grad festgestallt, datt de Feeler awer nach net an der Délibératioun geännert gouf. Dat gëtt awer elo gemaach. Et ware ganz genee 166 Kanner mat, an

der Délibératioun steet nach 170. 31 Erwuessener waren och mat, dorënner waren och 5 Chauffeuren. Mer haten e Gesamtchiffer vun 98.391,22 Euro Ausgaben. Et kann ee soen, datt ronn 29%, also 170 Euro pro Kand, vun den Eltere gedroe goufen, déi aner 71%, also 422 Euro pro Kand goufe vun der Gemeng iwwerholl. D'Schnéiklasse ware vum 17. bis den 26. Januar 2008 zu Sigmundsberg a Mariazell ouni Problem iwwer d'Bühn gaangen. Just mat engem Kand war e klenge Problem, deen awer op der Plaz geléist gouf. Alles an allem wëll ech awer hei nach eng Kéier vun der Geleeënheet profitéiere fir dem Léierpersonal Merci ze soe fir hiren Engagement. Och e Merci un d'Asbl, un de Komitee, déi di ganz Organisatioun op der Plaz an och virdru mécht. Dat ass eng opwenneg Aarbecht. Och de Monitricen a Moniteuren, déi do matginn, an déi sech fräi huele fir do matzegoen – verschiddener kréie jo och heiansdo e spezielle Congé fir matzegoen, mee net alleguerten – e grousse Merci. Well do sinn der och derbäi, déi laang Joere matgaange sinn. E besonnesche Merci un d'Dokter Hatz, déi matgeet fir de medezineschen Encadrement ze garantéieren. Dat ass net iwwerall, wou bei esou enger Delegatioun och en Dokter derbäi ass. Mär hunn d'Chance, datt si regelméisseg matgeet. Dat muss och emol eng Kéier gesot ginn. Well fir datt dat do, mat 166 Kanner, esou gutt iwwer d'Bühn geet mussen all déi Leit, déi do ronderëm matschaffen, eng gutt Aarbecht leeschten.

Accord avec 13 voix et 1 voix contre (Déi Gréng).

8.3.

Enseignement.

Convention de cofinancement conclue avec l'Etat pour les structures d'accueil pour élèves en dehors des heures de classe (maisons relais) - avenant pour les activités de vacances de l'année 2008 - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass en Avenant zur Konventioun, déi mer all Joer mam Stat fir eis Struktur vun eisen „maison relais" maachen. Well jo en Interesse besteet fir d'„maison relais" am Laf vun de Vakanzen opzeloossen, si mer däer Ufro nokomm. Mer hunn och schonn zesumme mat deem neien Haus zu Rodange während der Ouschtervakanz opgehat a mer wëllen och esou weiderfueren. Do musse mer natierlech en Avenant zur Konventioun maachen, déi mer hunn. De Ministère gëtt eis jo an der Regel 50% bäi zu deenen Ausgaben, déi mer do hunn. Dofir froe mer fir deen Ausgläich och fir d'Vakanzen ze kréien.

Approbation à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

9.

Prévisions sociales.

Centre de rencontre et d'information pour jeunes « Péitenger Jugendhaus » a.s.b.l. : convention de cofinancement pour l'exercice 2008 - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei hu mer nach eng Konventioun, an zwar ass dat déi mat eisem Péitenger Jugendhaus. Wann der elo an der Läscht d'Zeitung gekuckt hutt, dann hutt der déi grouss Manifestatioun erausliese kënnen, déi mer hei am Jugendhaus haten a wou d'Jugendhaus geéiert ginn ass. Si hunn den „Mérite Jeunesse Benelux" kritt. Dat fält jo och op eis Gemeng zeréck, a mär sinn och ganz frou doriwwer, datt am Jugendhaus déi jonk Leit gutt betreit ginn. Elo hu mer dann all Joer d'Konventioun hei leien, déi mer mat dem Familljeministère maachen a wou si och eng gewëssen Zomm iwwerhuelen. Am Budgetsartikel hu mer eng Zomm vun 123.000 Euro fir de Budget 2008 virgesinn. A fir datt dat Jugendhaus och weiderhin esou gutt ka fonctionnéieren ewéi bis elo, géif ech iech bieden, déi Konventioun ze stëmmen.

Approbation à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

10.

Hygiène publique.

Aménagement d'un columbarium supplémentaire au cimetière de Lamadelaine - approbation du devis et vote d'un crédit additionnel.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et ëm de Vote fir d'Opstelle vun engem zousätzleche Kolumbarium um Kierfecht zu Rolleng. Der wësst jo allgemeng, datt den Trend dohinner geet, datt méi Leit vun de Kolumbarie Gebrauch maachen. Mer hunn der och schonn um Kierfecht zu Rolleng stoen, mee do gëtt et elo zimlech enk mat der Zuel. An dofir musse mer virgräifen, net datt mer op eemol do stinn a mer hunn der net genuch. Elo scho gi mer dorop zou. D'Plaz ass schonn elo ausgesicht. Mer haten eng Zomm vun 13.000 Euro an eisem Budget stoen. No deenen neie Berechnungen an no deenen neie Präisser, déi ewell um Maart sinn, ass déi nei Zomm ëm 1.500 Euro an d'Luucht gaangen, esou datt ech iech géif biede fir den Aarbechten, déi mer do ausféieren, zouzestëmmen. An dann och nach de Montant vun 14.500 Euro esou wéi och nach den zousätzleche Kredit vun 1.500 Euro ze stëmmen.

Jeannot Linden (LSAP):

De Plang läit jo derbäi. Mer ginn also nees zeréck op déi Casen, déi Mauer, déi do steet. Ech gesinn zwar do ëmmer e Problem wann ech dräi Casen iwwereneen huelen. Dofir ware mer jo och op déi aacht- oder zingeckeg higaangen. Et kann een déi jo wiele wéi ee wëllt. Wat mécht eng Famill mat aacht Leit wann déi dräi Case beluecht sinn? An déi Famill dernieft dann. Et ass einfach keng Plaz do fir d'Leit. Während déi, wou d'Opdeelung anescht ass – mer hu jo och een aachtdeelegen, do huet een nëmmen een hannendru stoen. Et ass dat, wat mech stéiert. Ech weess och, datt ech heimat Plaz gewannen an ech der méi dra kréien.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Här Linden, wann ech iech richteg verstanen hunn, da wëllt där op d'Famill hiweisen, déi virdru steet wann eng Zeremonie um Kierfecht ass. Deen heite Kolumbarium setze mer praktesch op déi Wiss dernieft. E kënnt esou hallef diagonal stoen. Déi Denn, déi do ass, kënnt ewech, well da bleift dat Ganzt och e bësse méi iwwersiichtlech wat d'Sécherheet um Kierfecht ugeet. Ronderëm gëtt e bëssen ugeluecht, mee esou, datt d'Leit kënne ronderëm stoen. Et muss ee sech natierlech bewosst sinn, datt, wann een e Kolumbarium huet, kee ganzt Graf huet. Dat ass nun emol eng Saach, déi méi kleng ass. Wa mer ufänke beim Kolumbarium esou vill Plaz ze loossen ewéi bei de Griewer, da si mer esou wäit wéi mat engem Graf. Da mussen d'Leit sech e Graf huelen an hir Urn an d'Graf setzen. Da kënne mer soen, se hu méi Plaz. De Kolumbarium ass jo och eng aner Philosophie.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech verstinn dat jo och. Mee wann ech en 12-fachen huelen an dat Graf ass jo ronn, an et hëlt net méi Plaz ewech wéi dat hei. Dat hei gëtt jo och eng bestëmmte Längt. Mer hu jo elo just e puer Case geholl, et sinn der jo awer vill méi. Ech kucken dat ëmmer par rapport zu der Famill. Et ass dat, wat mech e bësse stéiert. Op deenen

anere Kierfechter ginn et jo och aner Méiglechkeeten.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech hu mech vun eisen Techniker berode gelooss wat elo dee ronne Kolumbarium ugeet. Dat hëlt méi Plaz an. Hei hu mer dee Virdeel, datt mer der kënne méi dra kréien. Bei deenen anere brauche mer flächeméisseg méi Plaz well et relativ grouss ass an een och Plaz ronderëm muss loossen, wou d'Leit sech kënnen histellen. An da brauche mer méi eng grouss Wiss. Dofir gräife mer op dëse Modell zeréck. A mengen Aen ass et awer eng gutt Léisung, och esou wéi e stoe kënnt. A ronderëm hu mer awer nach genuch Plaz fir d'Leit.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech wollt nach hannendrun hänken, datt déi Fro vun der Plaz sech op een eenzegen Dag am Joer resüméiert. Et ass jo net esou, datt se soss am Laf vum Joer all beienee kommen. Et ass ee Problem den 1. November. Gutt, et gëtt et bësse méi enk. Mee wann een e Graf huet, dat nëmmen d'Breet huet fir eng Lued, dann ass et och enk. Dat stellt een och ëmmer nees op de Griewer fest den 1. November. Dat ass net nëmmen de Problem vun engem Kolumbarium, mee och bei de Griewer.

Jeannot Linden (LSAP):

Wéi gesot, ech stëmmen dat och, do läit net de Problem. Mee ech wollt awer drop hiweisen.

Déi aner Fro bezitt sech op déi 12.600 Euro. Wéi sinn déi berechent? Do muss Betong derbäi sinn, do muss jo och fir d'éischt de Buedem erausgeholl ginn. A mer hunn do guer näischt derbäi. Loosse mer déi Aarbechten duerch eis Leit maachen?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Neen, et ass eng Firma, déi eis dat mécht. De Präis ass fir d'Aarbechten alleguerten zesummen.

Roger Klein (LSAP):

Jo, d'Madame Conter huet et jo scho gesot. Mer ginn zeréck op e Modell wat mer fréier eng Urnenmauer genannt hunn. Fir wat maache mer et eigentlech net wéi et haut iwwerall gemaach gëtt, déi oktogonal oder déi 12-gedeelte Stelen. Ech hunn dat och nach viru kuerzer Zäit an enger Nopeschgemeng gesinn, wou der e puer nieftenee stinn. An dat hëlt eigentlech net esou vill Plaz ewech. Deen eenzege Grond, deen ech fonnt hunn ass deen, datt mer schonn eng Mauer zu Rolleng stoen hunn an elo kee Stilbroch soll gemaach ginn. Mee ech mengen, datt, wa mer an Zukunft esou Saache plangen, da solle mer vu vir eran eng Plaz sichen, wou mer esou eng Stele kënnen histellen. Well dee Modell hei gëtt eigentlech néierens méi gemaach.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat wier eventuell eng Méiglechkeet wann een emol eng Vergréisserung vun engem Kierfecht hätt wéi mer dat elo zu Péiteng um Kierfecht hunn, wou mer en Terrain derbäikaf hunn. Da kann ee soen, mer géifen do eppes opriichte wat haaptsächlech fir deen dote Gebrauch geduecht ass. Mee elo si mer eben zu Rolleng, wou mer e bëssen agëengt sinn. Mer hunn och net méi vill Plaz fir nach weider grouss Stécker dohinner ze setzen. Dofir si mer zu dem Schluss komm, datt dat hei am Moment déi beschte Léisung wier. Mer maachen et och esou, datt mer an dee selwechte Steen iwwerginn, esou datt och alles e bëssen an däer selwechter Fuerf gehalen ass. Dann ergänzt et sech och, net datt mer awer ob eemol e Stilbroch hätten.

Approbation à l'unanimité.

11.1.

Transports et communications.

Règlements temporaires de la circulation routière - confirmation.

Roland Breyer, Schäffen:

„Alle Jahre wieder" kann een heizou soen. Et ass nees eng Kéier un der Zäit, wou d'Fräschen d'Fréijoer spieren a bei de Weieren zu Rolleng hu mer de Problem, datt d'Migratioun asetzt. Dofir hu mer och d'Reglement erëm gemaach. Vum 5. Mäerz a fir ongeféier dräi Méint ass owes tëscht 20 Auer a moies 7 Auer respektiv tëscht owes 21 Auer a moies 7 Auer am Summer de Wee zou, deen op d'Weiere féiert. An déi aner Säit kann de Verkéier just an eng Richtung goe vu der rue du Vieux Moulin bis an d'rue de la Montagne. Déi Entscheedung hu mer getraff, a mer wieren och frou, wann der deem géift zoustëmmen.

An en zweet Reglement ass an der rue du Clopp zu Rodange, wou fir ongeféier zwee Joer – esou laang wéi do eng Residenz gebaut gëtt – d'Strooss op 5,5 m reduzéiert gëtt well et op enger geféierlecher Plaz ass. Den Trëttoir laanscht de Schantje gëtt elo fir d'Foussgänger aménagéiert. An der rue du Clopp selwer ass tëscht dem Haus Nummer 34 an der Kräizung mat dem Brouckerwee d'Stationéiere verbuede fir do déi Iwwersiicht ze garantéieren, déi mer brauche fir datt dee Schantjen ouni gréisser Problemer ka lafen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech sinn däer Deeg do laanscht gaang, an et heescht jo, datt et vun ënnen an der rue du Vieux Moulin nëmmen eropgeet. Mee uewen ass e Schëld mat engem wäisse Feil, deen erof- an e roude Feil, deen eropweist. Et ass kee „sens unique".

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Am Schäfferot ass schonn entscheet ginn, datt dat soll e „sens unique" sinn.

Camille Bosseler (CSV):

Mee dat Schëld, dat do steet, mat deenen zwee Feiler, dat war awer gewéinlech do wann zou war. Well wa Leit komm si bis bei d'Barrière, da kréien se net gedréint. An da konnten se do eroffueren. A well et iwwersiichtlech ass fir erof- an eropzefueren – well et gesäit ee gutt, wann een do derbäikënnt -, kann ee roueg fueren. Firwat soll dee ganze Verkéier mussen do dréinen an zeréckfueren?

Jeannot Linden (LSAP):

Mee da muss de Schäfferot seng Entscheedung awer upassen.

Camille Bosseler (CSV):

Deen, deen engagéiert ass huet jo och d'Virrecht fir do erop ze fueren.

Roland Breyer, Schäffen:

Mee du däerfs awer net eroffuere bis an d'rue du Vieux Moulin. Et misst also e Schëld do sinn, datt een do net däerf do eroffueren. E „sens interdit".

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Also hei ginn et zwou Saachen. Déi eng ass, wat de Schäfferot entscheet huet. Den 3. Mäerz ass e „sens unique" décidéiert ginn. Dat ass zënter ech am Gemengerot sinn, esou entscheet ginn. Wa mer eng Kéier iwwer de Prinzip diskutéiere solle fir dat ze änneren, da solle mer doriwwer diskutéieren. Da soll een dat an der Verkéierskommissioun diskutéieren an da kucken, wéi dat geännert ka ginn.

Et ass och falsch exekutéiert ginn. Wann ech et schonn éischter gewousst hätt, dann hätt ech scho laang gesot, datt do eppes net an der Rei wier. Da musse mer eisen Servicer dat soen a kucken, datt dat och ëmgesat gëtt wat mer entscheet hunn.

Camille Bosseler (CSV):

Ech géif esouguer virschloen, wann dann eng Kéier do zougemaach soll ginn, datt se virdrun am Park, wou déi Dännen do stinn, e Gruef maache

wou dann d'Fräschen eropkommen. Eventuell och e Rouer aleeën, an da wieren se deem ganze Problem lass. Da kréichen se d'Waasser emol ewech.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech mengen, iwwer dat Thema diskutéiere mer schonn zënter 20 Joer a mer diskutéieren och nach déi nächst 20 Joer doriwwer. Also mer kucken no däer Saach, esou datt dat och ëmgesat gëtt, wat de Schäfferot entscheet huet a wat mer haut bestätegen. Op däer aner Säit kënne mer dann d'Diskussioun fréi genuch ufänken a kucken, wéi een dat kéint ännere fir datt een dat vläicht eng Kéier hei am Gemengerot ouni Diskussioun iwwer d'Bühn kéint bréngen.

Confirmation à l'unanimité.

11.2.

Transports et communications.

Entretien des infrastructures routières: avenant à un contrat d'entretien relatif à des installations de signalisation lumineuse - approbation.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass och eng Formalitéit. E ass e Wartungskontrakt vun eisen Anlagen, dee mer mat der Siemens hunn. All Kéier, wa mer eng nei Anlag hunn an d'Garantie ofgelaf ass, da musse mer fir den Ënnerhalt suergen. Hei ass zu deem Kontrakt, dee mer 1998 mat der Siemens gemaach hunn, nach eng Anlag derbäikomm. Et ass déi an der rue de la Piscine zu Rodange. Elo ass och do e Wartungsvertrag drop. Véier Mol am Joer ënnerhält a kontrolléiert d'Siemens déi Anlag.

Approbation à l'unanimité. M. Muller, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

12.1.

Vie associative.

« Club de majorettes et de danse moderne Bom Chika Wah Wah » - changement des statuts.

Il en est pris acte.

12.2.

Vie associative.

« Association pour le Sport, la Culture et l'Intégration (ASCI) a.s.b.l.» - statuts.

Il en est pris acte.

12.3.

Vie associative.

« Tactical Paintball League Luxembourg (TPPL) a.s.b.l. » - statuts.

Il en est pris acte.

13.

Questions des conseillers communaux.

Romain Becker (Déi Gréng) :

Hei am Land hu scho bis den 11. Abrëll 2008, 42 Gemengen sech OGM-fräi erklärt. Dat heescht, déi Gemengen erkläre sech bereet keen Ubau vu genmanipuléierte Planzen um ganze Gebitt vun der Gemeng ze erlaben. Ech wëll net laang a breet op d'Thema vun der Genmanipulatioun agoen, dat géif de Kader hei sprengen an esou vill Zäit hu mer net, wollt awer just dozou soen, datt nach keen d'Auswierkunge vun der Genmanipulatioun op d'Zukunft vun der Natur an domat vum Mënsch kennt a viraussoe kann, an datt esou Spillereien extrem geféierlech sinn. Dofir ass dat Signal vun de Gemengen immens wichteg. Meng Fro heizou: Firwat huet d'Gemeng Péiteng sech nach net OGM-fräi erklärt ? Gedenkt de Schäfferot esou eng Délibératioun ze huelen ? A wa jo, wéini soll dat geschéien? (A wann et da sollt un Informatiounen happeren an net um Wëlle feelen – hei ass den Internetsite: *www.ounigentechnik.lu).*

Gilbert Welter, Schäffen:

Greenpeace huet dës Aktioun viru gutt engem Joer lancéiert. Am Kanton Esch si bis elo dräi Gemengen – Beetebuerg, Suessem an Nidderkäerjeng (déi lescht Woch derbäikomm) -, déi sech OGM-fräi erklärt hunn. Dat wëll awer elo net heeschen, datt de Schäfferot sech keng Gedanken doriwwer mécht. Esou wäit ech matgedeelt krut, besteet bei eise Baueren an eiser Gemeng keen Ubau vu genmanipuléierten Planzen an et besteet och keen Intressi fir d'Zukunft dofir. Et dierft also kee Problem ze sinn, bei neie Konventioune mat eise Baueren esou en Artikel OGM-fräi derbäi ze schreiwen. Mär wäerten och kuerzfristeg am Schäfferot am Detail iwwer dëst Thema diskutéieren. An da kéint ech mer ganz gutt virstellen, datt mer eng Délibératioun huelen an eis OGM-fräi erklären.

Romain Becker (Déi Gréng) :

Super, ech hunn iech och d'Délibératioun aus dem Suessemer Gemengerot matbruecht. Ech loossen iech dat hei, an da kënnt der kucken, wéi dat kéint ausgesinn.

Gilbert Welter, Schäffen:

Merci, ech hunn déi och hei.

Romain Becker (Déi Gréng) :

An engem Artikel vun enger Lëtzebuerger Wochenzeitung, vun deem ech eng anonym Kopie a menger Bréifkëscht fonnt hunn, - ech muss dozou soen, datt ech déi Zeitung nach ni am Grapp hat - geet rieds vun engem Bréif, deen am Numm vun der Associatioun 'KAGEPE' un d'Péitenger Geschäftsleit geschéckt ginn ass fir déi un hiert Verspriechen ze erënneren, däer Associatioun Suen am Kader vun der Kavalkad ze iwwerweisen. Déi zwee Signatairen, Membere vun där Associatioun, hunn ënner hir Ënnerschréft och nach hiren Titel „Echevins" gesat fir deem Ganze méi Drock ze ginn. Meng Fro heizou: Ass dat esou wéi et an däer Zeitung stoung? Wa jo, war dat dann net awer onglécklech gewielt fir mam Schäffentitel een Heeschebréif vun enger externer Associatioun ze ënnerschreiwen? Wéi steet de Schäfferot zu där Saach?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Wéi der gesot hutt, geet rieds vun engem Bréif vun der Associatioun 'KAGEPE', an deemno huet d'Gemeng Péiteng u sech guer näischt mat dësem Bréif ze doen. Ech erënneren och drun, datt all Courrier vun der Gemeng Péiteng mat der Entête vun der Gemeng Péiteng a mat zwou Ënnerschréften, déi vum Buergermeeschter oder sengem Remplaçant an déi vum Sekretär, verschéckt gëtt. Aus deem Grond muss ech är Fro als keng Fro un de Schäfferot, mee als eng perséinlech Fro un déi zwee betraffe Schäffen Roland Breyer a Gilbert Welter gesinn. Dofir ginn ech d'Fro u si weider, a wa si wënschen, ob dës Interventioun ze reagéieren, dann ass dat hinne fräigestallt.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech soen zwee Wierder dozou. Ech erënnere just dorun, datt mer ufanks vum Joer d'Statute vun der Associatioun 'KAGEPE' virgeluegt kritt hunn an datt do drasteet, datt zwee Schäffe Member dra sinn. De Gemengerot huet déi eestëmmeg ugeholl. Dat mécht mer guer keng Suergen, et huet mech motivéiert, doranner matzeschaffen.

Wat mer méi Suerge mécht, dat ass, datt där op en anonymen Aworf vun engem anonymen Denunziant – deen awer och e Gesiicht huet -, reagéiert, deen nëmmen drop aus ass fir datt hei

debattéiert a Mëscht gemaach gëtt iwwer en Artikel, deen anonym an enger „douteuser" Zäitschréft war. Dat si keng Referenzen an ech hoffen, datt dat keng Schoul mécht.

Romain Becker (Déi Gréng) :

Ech weess, datt dat keng Referenze sinn. Mee ech hunn awer am Hannerkapp, datt déi Zäitschréft am ganze Land verkaf a gelies gëtt, an datt d'Leit, déi dat liesen, sech Gedanke maachen iwwer de Péitenger Schäfferot. Bon, domat ass net op meng Fro geäntwert. Ech war natierlech och dofir, fir dat ze ënnerschreiwe fir datt déi Associatioun kéint zesumme mat der Péitenger Gemengeverwaltung fonctionnéieren. An ech sinn och frou, datt dat esou gaangen ass. Ech sinn och frou, datt zwee Membere vum Schäfferot an däer Associatioun si fir se ze ënnerstëtzen. Mee wou ech awer net frou war, dat war, wéi ech gesinn hunn, datt déi zwee Leit och nach mat hirem Schäffentitel do ënnerschriwwen hunn.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat war awer esou, an déi zwee Leit stinn och dozou.

Romain Becker (Déi Gréng) :

Op der Péitenger Millen schéngt sech endlech eppes ze doen. Wéi gutt, datt d'Madame Modert endlech kucke komm ass. Meng Fro: Wéi steet d'Madame Modert zu den Aarbechten? Wéi a wéini geet dat virun? Ass den Daach ofgedeckt ginn oder firwat ass déi Baasch iwwer dem Daach? Sinn d'Aarbechte schonn amgaang?

Roland Breyer, Schäffen:

D'Madame Modert war effektiv hei. Si war och net alleng hei, mee a Begleedung vu Leit vun „Sites et monuments" a vun hirem Ministère. Déi ganz Problematik ass esou, datt si fënnt, datt dat Haus erhalenswäert ass – si hunn et jo och selwer klasséiert ier mär et kaf haten. Mär hunn och en Appell un hir moralesch Verpflichtung gemaach an drun erënnert, datt de Staat eis en „cadeau empoisonné" ginn huet mat Obligatiounen, datt mer verantwortlech si fir Aarbechten do ze maachen. Mer hunn och dorop higewisen, wat mat hire Virgänger geschwat gouf.

Et ass festgehale ginn, datt ganz kloer detailléiert muss gi wat ënner de Begréff „Sites et monuments" – also Konservéierung - oder wat ënner de Begréff Erneierung fällt. Mer hu suggéréiert kritt, datt d'Gemeng soll eng Demande maache fir dat rout Haus och klasséiert ze kréien. Et ass vläicht historesch gesinn net esou wichteg, mee et ass awer en Ensembel. Si waren och der Meenung, datt do Méiglechkeete bestéinge fir Subventiounen ze kréien. Eng Subventioun ass maximal bis zu 50% méiglech, heiansdo si Saachen dran, déi net subventionéiert kënne ginn. Fir dat erauszefanne si mer elo amgaang, mat den Architekten a mat eisen Servicer opzezielen, wou mär Argumenter développéieren a soen, wat ënner de soziokulturelle Begréff a wat zum distraktive Begréff fällt. Fällt e Café ënner dat eent oder dat anert ? Mär sinn der Meenung, datt e Café en Treffpunkt ass, wou Generatiounen sech gesinn an domat ass et e wichtegt Element vum kulturelle Liewe wat do entsteet. Doriwwer musse mer awer elo debattéieren. D'Prozedure sinn amgaang, a mer hunn och bis elo nach net matgedeelt kritt, wéivill Subsid datt mer kréien. Do gëtt emol opgedeelt. Et muss een elo alles oplëschte fir datt si kënne soen, wéivill Subsid mer kréien.

D'Urgence ass awer ginn. Eisen Ingenieursbüro huet eis dat awer scho méi laang signaléiert, datt dee lénken, südleche Giewel an engem ganz schlechten Zoustand ass, well do jo déi Annex vun deem Haus, wat dru war, ewechgerappt gouf. Deen huet d'Tendenz, net méi wéi e Joer ze iwwerliewen. Mer mussen also Moossnamen huelen. Den Daach ass ofgedeckt ginn, esou datt do keng Infiltratioune kënnen eranzéien, net datt dat nach kéint ënnerzu ginn. Den Daach ass ënnendrënner nach d'selwecht. E muss nei gemaach gi well d'Leeën net an der Rei sinn. Bei der Charpente gëtt hin an hier diskutéiert. Si kéint awer se misst net onbedéngt erhale ginn, esou datt mer elo gesot hunn, datt mer zoudecke fir eng zousätzlech Protektioun ze kréien an datt do duerch d'Nätzt net nach méi ënnerhielegt gëtt. Mer mussen nach onbedéngt déi Sanéierunge maache mat deem Beton, deen agesprëtzt gëtt an der "sous-fondation". Op alle Fall wier et gutt, wann dat nach virum Wanter géif geschéien, well soss kommen nach aner Problemer derbäi. Mer sinn do hannendrun a mer hunn och eng ganz Rei Argumenter entwéckelt an de Ball ass amgaang an de Ministère zeréckzegoen. Mer hoffen, och geschwënn eng Äntwert ze kréien.

Jeannot Linden (LSAP) :

Zu Rodange, an der avenue Dr. Gaasch op Nummer 84 steet d'Haus, an deem de Buttek „Tiers Monde" ënnerbruecht war, zënter enger bestëmmter Zäit eidel. Huet de Schäfferot scho festgehal, wat mat deem Haus geschéie soll. Hält d'Gemeng et fir eventuell Noutfäll fir sech selwer oder kënnt et an de Verkaf? Oder wat geschitt domat?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Här Linden, mär sinn amgaang, eis selwer Gedanken doriwwer ze maachen. Et kënnt wahrscheinlech net an de Verkaf. Ech mengen, där sidd jo och am Bild, datt drënner de Précoce ënnerbruecht ass. Deen ass relativ agëengt a mer wëllen deen och „en conformité" setzen. Dat géif eis eng Geleeënheet gi mat deem Haus uewendriwwer. Et muss een sech elo iwwerleeën, ob do eng Verbindung tëscht deenen zwee Haiser kéint zustane kommen oder wéi mer dat architektonesch kënnen an d'Rei bréngen. Et ass sécherlech eng gutt Plaz am Zentrum vu Rodange fir do e richteg flotte Précoce ze kréien. Mee wéi gesot, et ass nach alles an de Kannerschong a mer sinn eréischt amgaang ze kucken an z'analyséiere wéi dat ze maachen ass op däer Plaz.

Jeannot Linden (LSAP) :

An dann nees de Schantjen an der rue des Prés zu Rolleng. Vun dënschdes, dem 25. Mäerz, bis den 27. Mäerz u war nees komplett zou. Keng Informatioun un d'Bierger. D'Bussen an d'Camionë sinn trotz Verkéiersverbuet fir déi enger oder aner Kéier duerch d'rue du Moulin gefuer. Den Trëttoir ass als Strooss benotzt ginn, soss wieren déi Gefierer emol net laanschtenee komm. Bei menger Bemierkungen an der Sëtzung vum 28. Januar hat ech op dee selwechte Punkt higewisen an hunn als Äntwert krut, esou eng Situatioun géing sech net méi widderhuelen a géing net méi zougelooss ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Här Linden, ech hat gesot, esou eng Situatioun wéi déi, déi entstane war wéi deen Entrepreneur, deen déi Strooss eng länger Zäit blockéiert huet an do näischt geschouch, géif net méi virkommen. Datt ëmmer nach opgerappt gëtt, dat wäert bleiwen. Mer hunn ongefeier 200 esou Schantercher d'Joer hei an der Gemeng, wou einfach duerch d'Infrastrukturen, déi noutwenneg si fir en Haus unzeschléissen, oder bei Renovatioune kuerzfristeg muss opgerappt ginn. Mer kënnen elo soen, mer hu keng Reglementer. Et kënnt eng Demande eran an eise Service seet et wier an der Rei an da maache mär kuerzfristeg e Reglement, esou datt keng Zäit bleift fir d'Bierger driwwer ze informéieren. Hei ass eng Saach, déi dënschdes mëttes erakoum a se wollte scho mëttwochs ufänken. Mer kënnen och soen, mer géifen net méi esou séier op Saache reagéieren. Mer ginn eis

Fristen an da soe mer zu engem Entrepreneur, et géif net virun 14 Deeg goen an et miisst een dat 14 Deeg am Viraus eraginn. Wann een awer an deem Handwierk dran ass, an et gesäit ee jo och heiansdo wéi déi Demanden erakommen, dann ass dat net esou einfach. Mer hunn och scho mat Affekote gedréit kritt, datt Schantercher do géife Retard kréie well mär net géife reagéieren. Do kënne mer eis eng Kéier eng aner Linn ginn. Mer kënnen och soen, datt näischt viru 14 Deeg leeft, esou datt mer och d'Leit kënnen informéieren. Bis ewell si mer méi no dem „service au client" gefuer. Hei war effektiv zwee Deeg keen informéiert, datt zou wier. De Verkéier ass nees eng Kéier duerch d'rue du Moulin gelaf. Et war signaléiert an d'Police huet och dräi Mol Kontrollen op der Plaz gemaach. Natierlech ginn et ëmmer Leit, déi sech net un d'Regelen halen an déi ëmmer anescht fueren ewéi d'Schëlter soen. Sief dat well se hir Gewunnecht net esou séier wëllen änneren oder well se déi nei Schëlter einfach net gesinn, déi do stinn. Och wa mär d'Leit 14 Deeg virdrun informéieren, esou ass dat awer nach keng Garantie, datt se och richteg fueren. Et ass net einfach. Den Drock, d'Ufro vun den Demandeuren ass do, an déi géife gäre ganz séier maache well d'Maschinnen oder de Bagger dee Moment do sinn. Da kënne mär soen, datt een dat bei eis muss 14 Deeg virdru schréftlech eraginn. Mer kucken, datt mer do e Kompromëss an der Mëtt fannen. Den Drock gëtt soss och ze grouss fir eis.

Jeannot Linden (LSAP) :

Nëmme wat d'Signalisatioun ugeet. Do kënnt egal wee gefuer an da steet op eemol d'Schëld eréischt do. Wann ech uewen aus der rue de la Providence kommen, da musse jo d'Camionë schonn no lénks ëmgeleet ginn. Well wann déi bis ënnenhinner kommen, dann ass zougespaart an da fueren se duerch d'rue du Moulin. Do steet och e Schëld fir 3,5 Tonnen, mee et ass net zougedeckt. Dat heescht, wann et do klaakt, wee gëtt et dann? De Camionschauffeur seet, e wier esou geleet ginn. An deen anere seet, datt d'Schëld do steet an en net dohinner däerf fueren. Ech gesinn och de Sécherheetsimpakt hei.

Roland Breyer, Schäffen:

Also ech kréien elo hei an der Sëtzung matgedeelt, datt de Schantje korrekt gezeechent a vun der Police kontrolléiert ginn ass.

Jeannot Linden (LSAP) :

Mee et war awer kee Schëld do.

Roland Breyer, Schäffen:

Da musse mer dat am Service nokucke loossen, well da schéngt et e Problem mat de Schëlter ze sinn.

Jeannot Linden (LSAP) :

Och wann een iwwer d'rue de Luxembourg laanscht de Rodighiero komm ass, da stoung do Deviatioun no lénks an d'Camionen no riets. Mee firwat stoung net Rodange do no riets? Sécher, all déi, déi kënneg waren, déi sinn no riets gefuer a wossten, datt se da richteg waren. Mee déi aner hu geduecht, se miissten duerch Rolleng fueren. Do hätt och miissten e Schëld drënner si wou dropgestan hätt „Déviation vers Rodange" fir all déi, déi do gefuer koumen. Mee do stoung just „Poids lourds".

An da meng drëtt Fro. D'Asammele vun den „déchets encombrants" duerch d'Gemengeservicer ass ofgeschaf ginn. Wann en haut en Offall ewechgeheie wëll, kann de Bierger bei deenen zoustännege Servicer déi Déngscht-leeschtung géint Bezuelen ufroen. Ech kommen net ganz kloer mat den Erklärungen aus der Bäilag vun den Taxen am Budgetsdokument an deenen, déi am „Guide du citoyen" geschriwwe stinn. Ech zitéieren aus „taxes sur les enlèvements des immondices". Punkt 8 : „ enlèvement séparé : enlèvement extraordinaire de déchets encombrants ou de déchets ....à la demande des particuliers et comportant la mise à la disposition d'un camion avec chauffeur. Pour les déchets encombrants – par demi-heure 70 euros. Minimum à facturer : une demi-heure". Am „Guide du citoyen" steet op Säit 10/4 Folgendes : „Tous les déchets encombrants ayant un volume supérieur à 1m3 sont enlevés et contre paiement d'une taxe fixée par règlement-taxe en vigueur. Toutvolume inférieur à 1m^3 sera enlevé gratuitement (dimension 1,2X1m) ". Ech wëll opmierksam maachen, den Text eenheetlech ze halen ; dat gëtt fir de Bierger och méi transparent.

Gilbert Welter, Schäffen:

Do ass eppes falsch verstane ginn. Ech versichen, dat Ganzt nach eng Kéier ze erkläre wéi et wierklech fonctionnéiert.

Richteg ass, datt d'Gemeng net méi all dräi Méint eng Collecte duerch all d'Stroosse vun der Gemeng organi-séiert fir de Sperrmüll anzesammelen. De Sidor huet d'lescht Joer d'Gemengen opgefuerdert, nach méi streng opzepassen, wat bei de Sperrmüll-Kollekten agesammelt gëtt, well dës Zort Offall um Sidor anescht behandelt gëtt wéi deen normalen Hausmüll, an dofir op kee Fall däerf gemëscht ugeliwwert ginn.

Bei eisen trimestrielle Kollekte sinn an der Vergaangenheet trotz allen Informatiounen ëmmer nach vill Saache stoe bliwwen, well se einfach net zur Fraktioun vum Sperrmüll gehéiert hunn. Fir datt eis Awunner net Saachen op den Trëttoir musse schleefe fir se dann duerno nees eranzehuelen, awer och well verschidde Leit, déi net konform Offäll ganz einfach guer net méi erageholl hunn, huet de Schäfferot d'Entscheedung getraff, de Sperrmüll nëmmen nach op Commande ewechzehuelen. An der Praxis heescht dat elo, datt d'Leit op der Gemeng uruffe wa si Sperrmüll wëllen doheem ewechgeholl kréien. Si kréien dann och matgedeelt, wat si genee dierfen eraussëtzen a wéi een Dag d'Gemeng hire Sperrmüll siche kënnt. Am Prinzip organiséiert d'Gemeng all Mount esou eng Kollekt, wou d'Léit bis zu 1 m^3 *gratis* ewechgeholl kréien.

Dës Informatioune goufen an der Informatiounsversammlung vum 11. Dezember 2007 an an der Editioun Dezember 2007/Januar 2008 vun eiser Gemengenzeitung virgestallt. Um Kalenner vun der Gemeng, deen un all Haushalt verdeelt ginn ass, sinn déi verschidde Kollekten och nach eng Kéier explizéiert.

De Punkt III.8 aus dem Taxereglement bezitt sech op dee Fall, wou en Awunner aus eiser Gemeng ufreet fir de Sperrmüll *ausser der Rei* ewechgeholl ze kréien, e sougenannten „enlèvement séparé". An dësem Fall spillt d'Limite, wat d'Quantitéit betrëfft, keng Roll. Mir applizéieren dësen Artikel allerdéngs och wa Leit den Dag vun der Kollekt, déi all Mount ass, méi ewéi 1 m^3 Sperrmüll hunn, woubäi deen éischte Kubikmeter ëmmer gratis ewechgeholl gëtt. Den Text kann deemno guer net eenheetlech sinn, well et sech eigentlech ëm zwou verschidde Kollekten handelt. Bei enger nächster Revisioun vun eisem Taxereglement kann een allerdéngs präziséieren, datt den Tarif fir den „enlèvement séparé" och applizéiert gëtt wann ee bei der monatlecher Kollekt méi ewéi 1m^3 huet.

Jeannot Linden (LSAP) :

Et geet mär drëm, datt an deenen zwee Dokumenter dat selwecht steet. Elo ass op eemol nach eng Explikatioun an engem aneren Heftchen, dat erauskënnt. Mer hunn en „Guide du citoyen" erausginn, do steet och dat vum „enlèvement séparé" dran. Mee da muss an eisem Reglement, dat mär als Anhang vum

Budget hunn, dat och festgehale sinn. Do muss dach dat selwecht drastoen. Mer kënne jo net nach en drëtt Blat erausgi, wou et dann heescht, datt dat da richteg ass.

Gilbert Welter, Schäffen:

Also mär hunn en „enlèvement sur commande“ an en „enlèvement à part“, deen net gratis ass. Mee den „enlèvement sur commande“ ass gratis. Dat sinn zwee verschidde Reglementer.

Jeannot Linden (LSAP) :

Ech sinn och domat averstanen.

Roland Breyer, Schäffen:

Et muss ee just e Saz an d'Reglement draschreiwen, esou datt et méi däitlech ass.

Jeannot Linden (LSAP) :

Voilà, et ass dat, wat ech mengen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mär ginn dat virun un den Här Braun, fir datt hien dat nach eng Kéier kuckt fir et méi konform ze maachen. Mee et ass awer wéi den Här Welter gesot huet, et sinn zwou grondverschidde Saachen a mer sollen dat da vläicht e bësse méi explizit uginn.

Jeannot Linden (LSAP) :

Do kann ee jo och an engems kucken, wou dat vun dem Informatiounsblat mat eraspillt, esou datt mer dat kënne koordinéieren an eng Ausso hunn.

Séance publique du 19 mai 2008

Durée de la séance: *09.30 à 11.35 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Albert Muller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)¨
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Welter Gilbert, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	/

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos

1. Personnel:
   - 1.1. Nomination d'un éducateur diplômé (m/f) à tâche partielle pour les besoins des Maisons Relais de Rodange et Lamadelaine - décision.
   - 1.2. Promotion d'un fonctionnaire communal - décision.
2. Enseignement: démission volontaire d'une institutrice de l'enseignement primaire - décision.

Séance publique

3. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
4. Administration générale
   - 4.1. Recette communale: état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2007 - décisions.
   - 4.2. Recette communale: état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2007 - poursuites, autorisation globale d'ester en justice - décision.
   - 4.3. Titres de recettes: déclarations diverses - approbation.
5. Enseignement
   - 5.1. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
   - 5.2. Organisation scolaire de 2008/2009: répartition des classes préscolaires, primaires et spéciales - décision.
6. Prévisions sociales:
   - 6.1. Aide aux sinistrés: subvention au profit des victimes du cyclone « Nargis » au Myanmar (Birmanie) - décision
   - 6.2. Construction d'une nouvelle crèche à Pétange - adhésion au projet « Réseau d'accueil préscolaire et périscolaire de l'Agglomération du Pôle Européen de Développement » - décision.

7. Environnement: adhésion au « Réseau luxembourgeois des zones sans Organismes Génétiquement Modifiés (OGM) » - décision.
8. Transports et communications
   8.1. Redressement de la rue Jos. Philippart à Rodange: frais préliminaires - approbation d'un crédit additionnel.
   8.2. Contrat d'entretien avec l'entreprise des P & T Luxembourg pour la fourniture de services de télécommunications - approbation.
9. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

Les points 1 et 2 de l'ordre du jour ont été traités en séance secrète.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé de rendre public les décisions suivantes:

Nomination d'un éducateur diplômé (m/f) à tâche partielle pour les besoins des Maisons Relais de Rodange et Lamadelaine :

Mlle Philippart Aline de Lamadelaine est engagée comme éducatrice diplômée à tâche partielle (30 heures par semaine) sous le statut de l'employé privé.

Démission volontaire d'une institutrice de l'enseignement primaire :

La démission volontaire est accordée à Mme Marie-Jeanne Stein, épouse Eifes, institutrice de l'enseignement primaire, avec effet du 1er octobre 2008.

3.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Am leschte Gemengerot hat den Här Linden gefrot, wéi déi finanziell Situatioun vun der Gemeng wier. An deem Kontext hat ech him versprach, nodeem datt den 30. Abrëll – dat ass jo e gewëssene Stéchdatum an der Comptabilitéit vun enger Gemeng – den Exercice ofgeschloss ginn ass, a wou mer da wierklech kënnen de Kont 2007 definitiv ofschléissen, fir him en Iwwerbléck iwwer déi finanziell Situatioun vun der Gemeng Péiteng ze ginn.

Et stellt ee fest, datt mer am Joer 2007 um ordinäre Kont een Iwwerschoss vun 7,9 Milliounen Euro haten. Dat ass am Verglach mam Joer 2006 e Plus vun enger halwer Millioun Euro. Am Verglach zum Rectifié 2007, wou mer nëmmen 5,6 Milliounen Euro Iwwerschoss virgesinn haten, ass dat e Plus vun 2,3 Milliounen Euro.

Wat sinn d'Ursaache vun däer zolitter Verbesserung vum Solde 2007 par rapport zum Rectifié 2007? Engersäit läit dat sécherlech un den ordinäre Recetten, wou mer konnte feststellen, datt déi vu 40,2 op 41,7 Milliounen Euro eropgaange sinn. Dat ass e Plus vun 3,6 %, e Plus vun net grad 1,5 Milliounen Euro. An dat ass haaptsächlech duerch den Impôt commercial an duerch d'Dotation de l'Etat bedéngt gewiescht, wou mer 1,7 Milliounen Euro méi erakritt hu wéi dat nach am Rectifié vum Inneministère eis gesot gouf.

Da kann een awer och dobäi soen, datt mer och an den ordinären Ausgabe manner Ausgaben hate wéi déi, déi mer nach am Rectifié virgesinn haten. Effektiv hate mer 34,6 Milliounen Euro virgesinn. Et sinn der schlussendlech nëmmen 33,7 Milliounen, an dat ass e Minus vun net grad 900.000 Euro, also e Minus vun net grad 2,5 %. An déi Haaptrubriken, an deenen dat konnt festgestallt ginn, ass engersäits an der Administratioun, wou mer 276.000 Euro manner gebraucht hate wéi mer am Rectifié virgesinn haten. An an der Rubrik 'Transports et communications' hate mer 369.000 Euro manner bezuelt wéi virgesinn.

Am extraordinäre Kont sinn d'Ausgaben net grad 11 Milliounen Euro gewiescht, dat heescht ronn 10.956.000 Euro. Am Verglach zu 2006 ass dat e Plus vun 2,5 Milliounen Euro, well do hate mer 8,4 Milliounen Euro ausseruerdentlech Ausgaben. Am Verglach mam Rectifié 2007 ass et e Minus vun 3,5 Milliounen Euro, déi reportéiert goufen op den Exercice 2008.

D'Ursaache vun deem Report ass sécherlech doduerch ze erkläeren, datt wuel e ganze Koup Projetë scho fäerdeg sinn, mä wou den Décompte définitiv awer nach net gemaach ass, a wou mer nach eng Rei vu Sue bis elo nach net ausginn hunn. Déi sinn awer elo fir uganks 2008, wann den Décompte fäerdeg ass, virgesinn. Zum Beispill ass dat de Fall fir d'Extensioun vun der Päesch-Schoul, wou nach eng ganz Rei Suen ze bezuele sinn. D'Maison relais fonctionnéiert vun Oktober un, mä wou de Solde, deen iwwer eng hallef Millioun Euro ass, nach un de Fonds de Logement ze bezuelen ass. Beim Bâtiment administratif op der Maartplaz, deen esouwäit fäerdeg ass, steet och nach eng Zomm op. Dat selwecht gëlt och fir d'Kanalaarbechten an der Aloyse Kayser-Strooss, déi scho fäerdeg sinn, wou awer nach net all Payementer getätegt si bis den 31. Abrëll 2008, esou datt de Rescht op den Exercice 2008 verbucht gëtt.

D'Ursaache sinn awer och zeréckzeféieren op eng Rei Projeten, déi mer 2007 net ugefaangen hunn, déi awer elo um Punkt si fir an Ugréff geholl ze ginn. Dat ass de synthetesche Futtballterrain zu Rodange, wou d'Autorisatioun dëse Mount vum Minister komm ass, a wou d'Ausschreiwung elo ka gemaach ginn. Et ass d'Neiwiss-Schoul, wou mer jo eigentlech scho wollten d'lescht Joer ufänken, wou mer awer eréischt uganks vun dësem Joer d'Autorisatiounen alleguerten haten a wou mer elo am Juli 2008 mat den Aarbechten ufänken. D'Ausschreiwunge ware schonns an der Zeitung. D'Avenue de la Gare hei zu Péiteng, wou mer mat den Emprisen esouwäit fäerdeg sinn, a wou mer endlech och dëst Joer kënne mat den Aarbechten ufänken. D'Renovatioun vum alen Deel vum Stadhaus, wou mer och elo Enn dëses Mounts ufänken. Dat ass och e Projet, dee mer d'lescht Joer net konnten ufänken – esou wéi mer eis dat virgestallt haten – well mer och eréischt hei am Laf vun dësem Joer all Autorisatioune vun de staatlechen Instanze krut hunn. An et ass d'Renovatioun vun der Péitenger Schwämm, wou der och scho konnt gesinn, datt d'Ausschreiwungen an den Zeitunge woren. Den 1. September 2008 fänke mer mat den Aarbechten un der Péitenger Schwämm un. Et stoungen eng Rei Suen am Budget 2007, déi awer effektiv eréischt elo am Joer gebraucht gi fir Aarbechten ze realiséieren.

Dat sinn u sech déi Haaptursaachen, firwat datt en Écart am extraordinäre Kont par rapport zum Rectifié 2007 an dem Budget 2007 ass.

Alles an allem muss ee soen, datt d'Finanzsituatioun vun der Gemeng Péiteng fir de Moment gutt ass. Dat ass den Dank sécherlech duerch den Impôt commercial an der Dotation de l'Etat, déi eropgaange si par rapport zu

de Previsiounen déi mer am Rectifié haten. Op der anerer Säit ass et awer och op Grond vu Mesüren, déi mer um Niveau vun eisen ordinären Dépensë geholl hunn, wou mer versichen déi an engem enke Kader ze halen, fir datt déi net iwwerschwenglech klammen. An dir hutt och gesinn, datt mer 850.000 € manner ausginn hunn an den ordinären Dépensë wéi nach am Rectifié virgesi war. Dat heescht, mir hunn elo kee 'Spuerprogramm' an deem Sënn, datt ee soe kann, datt keng Dépensë méi gemaach ginn, mä mer hunn awer eis ordinär Ausgaben ënner Kontroll. All dat dréit dozou bäi, datt mer eng Finanzsituatioun hunn, déi fir de Moment gutt ass, an déi eis d'Méiglechkeet gëtt och an deenen nächste Joeren déi Investissementer ze maachen déi noutwenneg si fir d'Liewensqualitéit vun eise Bierger an der Gemeng weider ze verbesseren.

Dat war déi Informatiounen, déi ech Iech versprach hat, an déi ech elo haut am Détail nogeholl hunn, well et haut och besser ze maache war, well den Décompte definitiv ofgeschloss ass.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech soe Merci fir déi Informatiounen, obwuel ech awer net esou vill gefrot hat. Ech soen awer Merci fir alles, wat ech gewuer si ginn.

4.1.

Administration générale.

Recette communale: état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2007 – décisions.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Aus den Ënnerlagen konnt der erausgesinn, datt et nees eng Rei Leit ginn, déi hir Rechnungen net esou bezuelt hu wéi sech dat gehéiert, respektiv am Délai wéi et virgeschriwwen ass. De Receveur huet mer awer de Mueren nach gesot, datt an der Tëschenzäit, dat heescht vum 30. Abrëll bis haut, schonn 4.300 Euro erakomm si vu Leit, déi nach um Relevé vum 30. Abrëll dropstoungen. Dir gesitt, datt hien um Ball bleift fir déi 66.626 Euro, déi op Enn 2007 opstinn, esou séier wéi méiglech eranzekréien.

Et muss een dem Camille Mentz mat senge Mataarbechter Merci soe fir déi grouss Aarbecht, déi en do mécht. Et ass keng einfach Missioun, déi hien do huet, well d'Zahlungsmoral ass haut vläicht net méi déi, wéi se nach virun 20 oder 30 Joer war. Mir soen him Merci fir säin Asaz. Déi 66.626 Euro, déi dëst Joer opstinn ass deen nidderegste Betrag zanter 8 Joer. Dat beweist, datt eis Recette eng ganz gutt Aarbecht mécht, well et muss ee jo wëssen, datt dee Betrag, deen anzedreiwen ass, an deene leschte Joeren alleng duerch d'Hausse vun den Taxen an d'Luucht gaangen ass. An och duerch d'Awunnerzuel, déi geklommen ass, ass och de Betrag, deen anzedreiwen ass, eropgaangen. A wann dann « nëmmen » 66.626 Euro opstinn, dann ass dat sécherlech de Verdéngscht vum Receveur a senge Mataarbechter.

De Receveur huet eis awer och eng Décharge proposéiert, an dat vun 18.957,56 Euro. Déi läit och an der Linn vun deene Joere virdrun. D'Ursaache fir déi Déchargë sti bei all Betrag hannendrun. Ganz oft besteet de Grond doranner, datt Leit an d'Ausland geplënnert sinn ouni eng Adress ze hannerloossen, a wou et onméiglech ass déi Leit erëmzefannen. Da ginn et och Fäll, wou den Dierwiechter erkläert huet, datt Leit « insolvable » sinn, a wou dann och näischt méi an déi Richtung ze maachen ass. Da ginn et der och, wou den Dierwiechter eis geschriwwen huet, datt hien d'Poursuiten agestallt huet, well hie keng grouss Hoffnungen huet fir d'Gelder ze kréien. An e puer Fäll huet d'Assistante sociale eis matgedeelt an eis proposéiert fir eng Décharge ze ginn, an déi huet de Receveur dann och guttgeheescht. Vun Zäit zu Zäit hu mer och Firmaen, déi hire Sëtz hei hunn, a wou d'Firma net méi besteet a wou et quasi onméiglech ass, besonnesch wann dat Bréifkëschtefirmaë sinn, fir nach iergendwéi déi Suen ze récupéréieren.

An all deene Fäll proposéiert den Här Mentz fir deene Leit eng Décharge ze ginn, an déi Suen net méi weider anzedreiwen.

De Punkt 4.2. vun der Dagesuerdung kënne mer och direkt mat diskutéieren. Do geet et drëm, fir bei all deenen anere Fäll, wou keng Décharge ass, a wou all Moyenen, déi de Receveur sech ginn huet fir d'Suen anzedreiwen, ouni Erfolleg bliwwe sinn, dem Schäfferot d'Erlaabnis ze gi fir geriichtlech géint déi Leit virzegoen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass natierlech nach ëmmer eng grouss Zomm, déi net un d'Gemeng bezuelt gëtt. An ech si ganz erféiert ze gesinn, datt an deem Listing eng Firma dobäi ass, mat däer mer ganz stolz 22 Parkplazen ausgehandelt hunn. Mir hunn als Gemeng eng Konventioun mat däer Firma gemaach. Dat Ganzt war den 18. Oktober 2007 hei am Gemengerot. De Schäfferot huet d'Konventioun ënnerschriwwe mam Administrateur délégué, deen eng Säit virdrun op deem selwechte Listing steet. Deemools hat ech als Conseiller gesot, datt ech dat net matstëmme kann. Ech war deen eenzegen, dee géint déi Konventioun gestëmmt hat, well dat eng droleg Geschicht a mengen Aen war. An nodeems wou mer dann déi Konventioun hei am Gemengerot haten, ass 2 Méint drop déi Firma Faillite gaangen. Ech sinn der Meenung, datt de Schäfferot och emol sollt op seng Conseillerë lauschteren.

Eng aner Saach ass déi, datt ganz vill Familljen op deem Listing stinn, déi wierklech Problemer hu fir déi Saachen ze bezuelen. Dofir ginn et hei am Land Associatiounen, un déi ee sech wenne kann. An ech fannen, datt eis Leit gutt berode wieren – virun allem eis Assistantes sociales – fir mat esou Organisatiounen zesummen ze schaffen. Ech denken do un ATD Tiers Monde oder un d'Association de Surendettement, a fir mat deene Leit, déi wierklech Problemer hu fir ze bezuelen, e Plan financier opzestellen an net einfach als Assistante sociale ze soen, datt keng Suen do sinn, an da kann d'Gemeng och keng kréien. Domatter hu mer de Problem net geléist, an déi nächste Kéier sti se nees um Listing. A mir sinn net alleng, déi op Sue vun deene Leit waarden, a wann déi Leit net iergendwa gehollef kréien, da schleeft dat sech éiweg weider.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wollt awer op zwou Saachen agoen.

Déi Firma, déi Faillite gaangen ass, an déi hei op däer Lëscht steet, ass net déi Firma, mat däer mir eng Konventioun gemaach hunn. Dat sinn zwou verschidde Firmaen. Dat ass dat éischt, wat ech wëll virausschécken. Da muss een och soen, datt mer bei däer Konventioun – an ech sinn net der Meenung, datt mer als Schäffen- oder Gemengerot deemools e Feeler gemaach hunn – nëmme Preneur gewiescht sinn. Dat heescht, mir hunn eppes krut a mer hunn eigentlech näischt direkt an d'Plaz ginn. Mir hunn eigentlech vun enger Situatioun profitéiert déi do besteet, an déi eis awer an deem Quartier esou muenches hëlleft. Esou datt och déi Konventioun weiderhin nach Bestand huet, vu datt déi Firma, mat däer mer d'Konventioun gemaach hunn, net Faillite ass an nach ëmmer besteet, an och net op däer Lëscht hei steet.

Wat d'Assistante sociale betrëfft, esou wëll ech awer ganz kloer hei soen, datt dat – wat Dir elo gesot hutt – gemaach gëtt. An et sinn och Leit hei am Sall, déi am Office social dra sinn, an déi

kënne bezeien, datt mat deene Leit ganz vill geschafft gëtt, an datt déi ganz vill gehollef kréien. Mä et bleiwe sécherlech nach ëmmer Leit, wou déi Mesuren näischt hëllefen a wou d'Assistante sociale keen anere Wee weess wéi deen, fir eng Décharge ze proposéieren. Ech kann iech awer confirméieren, datt d'Assistante sociale net liichtfankeg proposéiert fir bei deene Leit eng Décharge ze ginn. Et ass éischter de Contraire de Fall. Hei handelt et sech ëm extrem Fäll, bei deene si eng Décharge proposéiert.

Carlo Gira (CSV):

Dir hutt gesot, datt et een allgemenge Réckgang an deene leschte Joere gëtt. Dofir leien d'Déchargen awer trotzdem e bësse méi héich wéi déi lescht Joeren. Firwat dat de Fall ass, gouf jo och schonns erkläert.

Ech wollt och e bëssen op dat hiweisen, wat den Här Becker scho gesot huet. Ech si frou ze héieren, datt wierklech deene Leit, déi sozial schwaach sinn, a wou een dann och domatter kann averstane sinn – wann et wierklech net geet -, datt déi d'Suen nogelooss kréien. Wou een awer wierklech net kann domatter averstane sinn ass, datt verschidde Leit sech scho bal e Spaass doraus maache fir kleng Rechnungen net ze bezuelen, an déi aner Bierger, déi brav hir Rechnunge bezuelen, quasi – op gutt Lëtzebuergesch gesot – fir Toperten halen. An do ass et richteg, datt ee geriichtlech géint déi Leit virgeet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech ginn iech Recht. Déi Politik gëtt schonn zanter enger Rei vu Joere gemaach. Och wann et 'enbêtant' fir de Receveur ass fir net zouzeloossen, datt och kleng Rechnungen net bezuelt ginn. Och wann et mat méi héije Käschte verbonnen ass wéi dee Betrag deen opsteet. Mä wann een eng Kéier ufänkt do nozeloossen, da mécht dat nach méi Schoul, an et riskéiert een, datt dee Betrag, deen um Enn nach opsteet, nach méi héich wäert sinn.

Ech well awer och nach soen, datt mer eis erwaarde fir déi 66.000 Euro, déi fir de Moment nach opstinn, ze kréien. Déi 18.000 Euro, dat ass déi Zomm, op déi mer regelrecht verzichten, well mer soen, datt do keng Chance besteet fir déi kënnen anzedreiwen. An dat sinn déi Fäll, wou de Receveur eis eng Décharge proposéiert huet. Mä et muss een awer och do soen, datt de Receveur och nëmmen am extreme Fall esou eng Décharge proposéiert.

Camille Bosseler (CSV):

Et ass elo scho villes gesot ginn, mä et ass trotzdem ze bedaueren, datt mer ëmmer nees esou héich Montanten ausstoen hunn, an datt et nach ëmmer esouvill Leit gëtt, déi net bezuelen. Haaptsächlech sinn et Auslänner, déi heihinner kommen. Mä et dierf awer net sinn, datt se heihinner kommen an op Käschte vun eisen Awunner profitéieren. Ech hoffen awer, datt et dem Receveur geléngt fir dee Montant ëmmer méi erofgedréckt ze kréien, wann et nëmme méiglech ass.

Accord à l'unanimité.

4.2.

Administration générale.

Recette communale : Etat des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2007 – poursuites, autorisation globale d'ester en justice – décision.

Accord à l'unanimité.

4.3.

Administration générale.

Titres de recettes : déclarations diverses au montant total de 4.284.510,50 € - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hunn hei de Schluss vun de Recettë vum Joer 2007, déi nach erakomm sinn. Do stéisst besonnesch de Solde vum 4. Trimester vun der Dotation de l'Etat mat 3.054.889,91 Euro ervir.

Et sinn awer och Subsiden dra fir de Bau vun engem Bassin d'orage op der Porte de Lamadelaine an der Héicht vun 427.869,81 Euro. Dat ass eng vun deenen éischten Tranchen déi mer krut hunn. Dir wësst jo, datt mer vum Ministère Oplage krut hunn, datt mer miissten de Projet vun der Eechelsbaach stëmmen ier mer an deem heiten Dossier Sue géife kréien. Mir hunn dee Projet jo an enger vun deene leschte Sëtzunge gestëmmt, an elo ass eng éischt Tranche komm. Et steet awer nach eng zolitt Zomm op, déi awer elo no an no wäert kommen.

Fir d'Joer 2008 gesitt der eng Rei vu klenge Recetten, an den Total vun de Recettë beleeft sech op 4.284.510,50 €.

Approbation à l'unanimité.

5.1.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales.

Ratification à l'unanimité.

5.2.

Enseignement.

Organisation scolaire de 2008/2009 : répartition des classes préscolaires, primaires et spéciales – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

An ären Ënnerlage fannt der eng Opstellung, wéi de Comité de cogestion d'Klasseverdeelung fir 2008/2009 proposéiert. Ech wollt dozou e puer Informatioune ginn, ouni awer virdrun alleguerten deene Bedeelegte Merci ze soen, déi während deene leschte Wochen do dru geschafft hunn. Virun allem dem Comité de cogestion, deen déi ganz Chifferen zesummegestallt huet, mat dem Léierpersonal, fir eis déi dann och virzeleeën. E Merci geet och un d'Schoulinspektesch, d'Madame Letsch, déi zesumme mat hinnen, dem Schoulservice an der Schoulkommissioun versicht huet eng Propositioun dem Gemengerot ze maachen. Déi Propositioun gouf och vun deene 4 Partner accordéiert. Si gëtt esouwuel dem Comité de cogestion Satisfactioun, wéi och der Madame Letsch, wéi och der Schoulkommissioun an dem Schoulservice. An déi Propositioun erlaabt et och fir d'nächst Joer, am Intressi vun eise Schoulkanner, déi Aarbecht ze maachen déi noutwenneg ass fir eis Kanner op hir Zukunft virzebereeden.

Et sinn u sech 3 Rubriken, déi ech haut beliichte wëll. Déi éischt Rubrik ass de Préscolaire, duerno kënnt de Primaire, an dann de Spécial.

Am Préscolaire ännert sech eigentlech näischt. Do hu mer d'Klassenzuel vun 23 an eiser Gemeng bäibehalen. Dat heescht, mir haten d'lescht Joer eng Klass bäigesat, well mer vun 372 op 388 Kanner gaange waren. Den 21. Mee 2007 hate mer dat hei am Gemengerot décidéiert. Entretemps ass d'Zuel nach weider geklommen, a mer si fir d'Schouljoer 2008/2009 op 408 Kanner eropgaangen. Dat ass e Plus vun 20 Kanner, an dee Plus vun 20 Kanner ass haaptsächlech an exklusiv zu Péiteng festzestellen, well do ass d'Kannerzuel zolitt geklommen, vun 168 op 185.

D'Moyenne vun de Schüler pro Klass wäert vun 16,9 op 17,7 eropgoen, wat awer ëmmer nach ënnert däer Norm ass, déi vum Ministère virgeschriwwe gëtt. Mir hunn och gekuckt, wéi et zu Péiteng virugeet. Do kënne mer awer feststellen, datt dee Pique, dee mer dëst Joer hunn, mat iwwert 100 neie Schüler am 1. Schouljoer, éischter eng Ausnam duerstellt, an datt d'nächst Joer

sech dat nees bei 80 Kanner wäert apendelen. Déi Situatioun ass éischter d'Exceptioun an net d'Regel. Well wa se d'Regel wier, da miisste mer an deenen nächste Joeren erëm un eng supplementar Klass zu Péiteng denken.

Et stinn och nach Wiesselen an d'Haus. Déi éischt si schonn ënnerwee gewiescht. Well mer nach keng Maison relais hei zu Péiteng hunn, wäerten eng Rei Péitenger op Rodange goen, esou datt och déi Zuel, déi mer fir de Moment zu Péiteng hunn, mat 185, liicht no ënne wäert tendéieren, well eng Rei vu Spillschoulskanner vu Péiteng wäerten op Rodange an d'Maison relais goen an do och an d'Spillschoul wäerte goen.

Wat de Primaire ubelaangt, esou hate mer do d'lescht Joer, wou mer iwwer d'Schoulorganisatioun geschwat haten, vun 1.228 Kanner Rieds. Mir haten déi Zäit en Effektiv vun 1.228 Kanner, déi virgesi waren. Schlussendlech hu mer haut an der Primärschoul 1.204 Kanner fir de Moment ageschriwwen. 2008/2009 wäerte mer op 1.212 Kanner eropgoen, respektiv – wann een dat mat däer Diskussioun, déi mer am Mee 2007 hate vergläicht – vun 1.228 op 1.212 erofgoen.

Mir wäerten, wat d'Klassenzuel ubelaangt, zu Péiteng an zu Rolleng de status quo bäibehalen, well mer do praktesch keng Ännerung vun der Schülerzuel hunn. Zu Péiteng an zu Rolleng ass esouguer e liichte Réckgang festzestellen. Zu Rodange geet d'Zuel awer liicht erop, an do huet sech eben aus dem Effektiv vun deenen eenzelne Klassen eraus erginn, datt mer eng Klass géife weider schafen. Esou datt mer zu Rodange 28 Klassen hunn. An der ganzer Gemeng hu mer 78 Klassen am Primaire.

Dat bedéngt och, datt mer den Effektiv, dee fir de Moment bei 16,5 läit, och liicht reduzéiere wäerten, an datt mer do op ënner 16 Kanner pro Klass wäerte falen. Dat ass ee ganz gudden Effektiv, e läit bei 15,9, dee mer da wäerten hunn. Mat deem Effektiv wäert et dann och méiglech sinn, och mat däer ganz grousser Zuel – well dat ass ëmmer eng Schwieregkeet, déi eist Léierpersonal eis virhält – vun auslännesche Kanner, déi di lëtzebuerger Sprooch nach net esou gutt beherrschen, datt mer et wäerte fäerdeg bréngen awer e ganz gudden Unterrecht kënnen ze halen. Well mer wëssen, datt mer no bei 50% Net-Lëtzebuerger am Primaire leien. An dat bedeit, datt mer do déi néideg Encadrementer hunn, a wa mer méi ee klengen Effektiv hunn, da brénge mer et och besser fäerdeg fir déi Kanner ze encadréieren.

Wat de Spécial ubelaangt, esou kënnt do eng gréisser Ännerung op eis zou. Dir hutt och een Dokument vun der Schoulinspektesch virleien, well si 'à la demande' war vun däer Modifikation. Engersäits geet et ëm d'Ofschafe vun de 'classes d'attente' an anerersäits och ëm d'Ofschafe vun de 'classes d'accueil'. Et ass d'Tendenz, fir d'Kanner méi séier an och direkt an hiren eenzelne Klassen ze integréieren, do wou se och wunnen, bei hire Kollegen. Si sollen éischter an de Klassen duerch en 'appui intégré' betreit ginn, wou eng spézialiséiert Léierpersoun sech an deenen normale Klasse méi intensiv mat deem eenzelne Kand ofgëtt. Net wéi mer dat fir de Moment hu bei enger 'classe d'attente' oder enger 'classe d'appui', wou dat net an all Uertschaft besteet, an datt mer mat gréisserem Opwand déi Kanner hin an hir transportéieren, an datt se net an hirem 'encadrement scolaire' kënnen an d'Schoul goen.

Dat heescht déi nei Iddi ass déi, fir vill méi an den 'appui intégré' ze goen. Dat heescht fir och do d'Zuel vun den Enseignanten am Spécial, am Appui eropzesetzen, an dat vun 8,5 op 12,5, an op der anerer Säit awer déi zwou Classes d'attente an déi eng Classe d'accueil, déi fir de Moment bestinn, ofzeschafen. Dat eenzegt, dat nach géif bestoe bleiwen, wieren 12,5 Classes d'appui, wou een awer déi Klassen net kann esou gesi wéi dat an enger normaler, traditioneller Klass ass. Eischter geet et dorëmmer, datt een Enseignant do ass, deen an d'Klasse geet an déi Kanner betreit, déi eng spezial Betreiung brauchen. An et bleiwen 3 'classes d'intégration', wou dann och Kanner drakommen, déi Schwieregkeeten hu fir an enger normaler Klass ze fonctionnéieren.

Dat géif awer heeschen, datt mer elo am nächste Schouljoer 17,5 Posten hätten, well mer géifen och nach en zweete Poste schafen am Projet 'Dyslexie'. Mir hunn dat virun 2 Joer agefouert, an et war kloer, datt et mat engem Posten net géif duergoen. Och Déifferdang huet der zwee, an ech mengen, déi si mëttlerweil schonn op dräi eropgaangen. Mir hate gesot, datt mer emol géife mat engem Posten ufänke fir ze kucken, wéi dee Projet sech géif entwéckelen. Mir sinn awer zur Conclusioun komm, an dir hutt jo och eng Dokumentatioun an äerem Aide-mémoire fonnt wou den Här Weintzen eis dat erkläert, datt mer mussen 2 Poste fir de Projet 'Dyslexie' hunn. Esou datt mer mat deenen 2 Posten 'Dyslexie', 12,5 Posten 'classes d'appui', 3 'classes d'intégration', 17,5 Posten am Spécial hunn.

Wann een dat natierlech an de Rapport setzt mat deene 76 Klassen am Primaire, esou stellt ee fest, datt mer dovunner schonn 23% Spezialklassen hunn. Dat ass ee relativ héije Prozentsaz. Wann een dat vergläicht mat viru 4 Joer, wou mer nach bei 16% louchen, da gesäit een, datt de Spécial ëmmer méi eng grouss Importenz kritt, an datt ee lues mä sécher awer och do un eng Grenz wäert musse kommen a soen, datt mer mat däer gewëssenen Zuel vu 'classes spéciales' mussen duerkommen. Well mer stelle fest, datt mer a 4 Joer am Primaire 4 Klasse bäigeschaf hunn, an am 'Spécial' hu mer 6 nei Poste geschaf. Dat weist, datt op deem Niveau wesentlech méi gemaach gouf wéi um Niveau vun den normale Klassen am Primaire.

Opgrond vun der Propositioun vun der Inspektesch, ass och de Comité de cogestion – obschonn se do e mitigéiert Gefill zum Ofschafe vun de 'classes d'attente' an de 'classes d'accueil' haten – der Meenung fir mat op dee Wee ze goen, fir an eise Gebaier méi op den Appui ze setzen an déi Spezialklassen, wéi 'attente' an 'accueil', ofzeschafen.

Et muss een awer och soen, an ech mengen dat ass eng Erklärung déi eis och d'Madame Letsch ginn huet, datt mir nach déi eenzeg Gemeng waren, déi nach 'classes d'attente' haten. Dat heescht, all déi aner Gemengen haten déi schonn am Laf vun der Zäit ofgeschaf, esou datt et scho bal op der Hand louch, datt mer dat och hei zu Péiteng géife maachen. Wat déi 'classes d'accueil' ugeet, esou ginn et däer och net ganz vill hei am Land. Et si vläicht eng 10 Gemengen, déi esou Klassen hunn. An och dëse Wee schéngt ee Wee ze sinn, dee seng Friichte gedroen huet, well zu Rolleng ass dat d'lescht Joer scho probéiert gi fir Kanner, déi Primo-arrivants waren, déi nei an d'Gemeng komm sinn, an déi keng vun deenen Haaptsproochen Lëtzebuergesch, Däitsch oder Fransséisch kannt hunn, fir déi an eng Klass ze bréngen, an dann duerch Appuis-Stonnen, déi den Enseignant deen am Spécial ass, an deenen normale Klassen mat deene Kanner geschafft huet, oder déi Kanner vun Zäit zu Zäit erausgeholl huet fir mat hinnen ze schaffen. An dat huet seng Friichte gedroen, an dofir sinn ech och der Meenung, datt mer dat d'nächst Joer sollen an eiser Schoulorganisatioun virgesinn.

Lily Gansen (LSAP):

Ech hunn nëmmen eng kleng Fro, well eis Schoulorganisatioun ass jo ëmmer 'en étroite collaboration' mam Comité de cogestion a mat der Schoulkommis-

sioun. An dat schéngt mer och ganz raisonnabel ze sinn. Mä eng Fro beschäftegt mech awer. Esou wéi ech dofir sinn, datt déi Kanner, déi schwaach sinn, an hire Klasse bleiwen, an do enseignéiert ginn, froen ech mech awer, wat an däer Zäit mat deenen anere Kanner gemaach gëtt ?

Do ass mer eppes net kloer. Ech sinn absolut dofir, datt déi Kanner an de Klasse bleiwen, an net erausgeholl ginn. Wa se erausgeholl ginn, dann ass dat ëmmer esou eng Zort Ghetto. Wéi gesot, mam Prinzip sinn ech averstanen, mä wéi ass dat mat deenen anere Kanner geregelt ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Do kënnt een zweeten Enseignant an déi Klass. Deen een Enseignant fiert normal mat senger Schoul weider, an deen zweeten Enseignant, deen am Spécial agestallt ass, kënnt an d'Klass a versicht mat deem méi schwaache Kand, an deem e sech nieft dat Kand setzt, ze léieren, respektiv – well mer jo awer an deene grousse Schoulsäll mat 15 bis 16 Kanner déi néideg Plaz hunn, an engem Eck mat deem zesummen ze schaffen an dee Programm, deen an der Schoul dee Moment gemaach gëtt, ze verdéiwen an ze kucken, datt dat Kand virukënnt.

Lily Gansen (LSAP):

Ech sinn e bësse skeptesch, wat déi Method betrëfft. Wann déi aner do sëtzen a musse viruléieren, an deen, dee soll eppes enseignéiert kréien, dee kann dat net esou kloer matkréie wéi wann et roueg ass oder wann ee kann haart mat deem schwätzen. Ech géif awer soen, datt déi Kanner, déi gutt an der Schoul matkommen, net weider doduerch gestéiert ginn. Ech ka mech awer och ieren, wat déi Method ugeet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

A verschiddene Gebaier ass et zum Deel dëst Joer scho gemaach ginn, a laut deenen éischten Informatiounen, déi mer hunn, ass dat eng gutt Saach. Mä ech kéint mer awer virstellen, datt – fir déi, di interesséiert sinn – mer eis eng Kéier mam betraffene Léierpersonal zesummesetzen an en Austausch maachen, fir datt mer als Gemengerot informéiert gi wéi se dat maachen.

Carlo Gira (CSV):

Ech begréissen natierlech, datt déi Kanner haaptsächlech an d'Klasse sollen integréiert ginn, well domatter verhënnert gëtt, datt déi gestempelt ginn. Ech gesinn d'Problemer zwar net esou wéi d'Madame Gansen dat elo gesot huet. Ech mengen, haut gëtt scho ganz vill an de Klasse geschafft; et gëtt ganz vill a Gruppe geschafft. Well d'Tendenz leeft jo dohinner, datt déi Kanner solle kënne méi selbstänneg schaffen an dann och dohinner begleet ginn.

Wou ech awer elo e bësse meng Problemer hunn, oder net ganz déi Saach verstinn, ass déi Saache mat de Course vun der Dyslexie. Do sinn der 23, déi erfaasst gi sinn. Et ginn der awer just nëmmen 5 'à charge' geholl. Do geet och vun engem Lies- a Schreifatelier Rieds. Kann ech do vläicht gewuer gi wat dat genee ass ? Déi aner Kanner komme jo dann an den Appui, wou dann och méi intensiv mat deenen a verschiddene Klasse geschafft gëtt. Da sinn och nach 10 'autres' do, wat relativ vill ass, an do wollt ech froen, wéi déi beschäftegt ginn ?

Allgemeng kann een awer mat der Schoulorganisatioun averstane sinn, well mer jo awer relativ acceptabel Klassenduerchschnëtter hunn. Och wann et bei de Spillschoulen, mat 18,5 Kanner pro Klass, elo e bëssen héich schéngt, esou gëtt jo awer do schonns an säit deene leschte Joere vill a Saachen Integratioun gemaach, well déi an de Précoce verluegt gëtt, a wou déi Aarbecht dann net méi an der Spillschoul gemaach gëtt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dir hutt eng Fro iwwer d'Dyslexie gestallt. Et ass esou, - dat hunn ech mer vun deem Responsabelen erkläre gelooss – datt net all Fall muss direkt eng 'prise en charge' vun him kréien. Dat heescht, alleguerte kréien eng Offer gemaach, a Fonctioun vun deem Problem wat dat Kand um Niveau vun der Dyslexie huet. Well do ginn et jo Fäll déi méi oder manner schro sinn. Et gëtt e Bilan gezunn, an op Grond vun deem Bilan gi Propositioune gemaach. An déi Propositioune kënnen da sécherlech an enger 'prise en charge' leien. Do sinn dann natierlech déi Lies- a Schreifatelieren, wou spezifesch mat deene Kanner geschafft gëtt, natierlech och ënner der Surveillance vun deem Responsabelen, dee fir d'Dyslexie zoustänneg ass. Wat déi Ateliere betrëfft, esou ass dat ee Projet, deen an der Klass leeft, an et gëtt gekuckt, fir an der Klass méi spezifesch mat deem Schüler ze schaffe bei deem wat d'Liesen an d'Schreiwen ubelaangt.

Dann hu mer och verschidde Kanner, deenen éischter iwwer den 'Appui' gehollef gëtt. Do gëtt spezifesch gekuckt, watfir Problemer dat Kand huet. Wat ënner 'autres mesures' fält, esou kann ech iech dat elo net op Anhieb soe watfir Mesüren dat sinn. Mä ech kann dat awer nofroen. Ech ka mer awer virstellen, datt dat éischter Mesüre sinn, wou zesumme mam Schoulmeeschter gekuckt ginn ass, a watfir engem Beräich e Problem ass, a wou da versicht gëtt, fir dee Problem ze léisen. Wa sech awer an deem bestëmmte Beräich keng Verbesserung ervirgeet, da kann et natierlech sinn, datt dee Schüler muss 'à charge' geholl ginn, an datt eng aner Propositioun muss gemaach gi fir deem Schüler ze hëllefen.

Carlo Gira (CSV):

Et gëtt jo och nach Dyscalculie. Sinn do keng Fäll festgestallt ginn, oder kënne mer dat net ubidden ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Fir de Moment hu mer just e Projet 'Dyslexie' lafen. Ech weess och net, ob mir fir de Moment disponibel si fir dat do ze maachen.

Lily Gansen (LSAP):

Nëmmen nach eng kleng Zousazfro. Sinn dat lauter Kanner déi Dyslexiker sinn, oder si se nëmme schwaach am Liesen ? Well ech fannen d'Zuel héich.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat hei si 24 Kanner bei 1.200 Schüler, dat sinn 2%.

Lily Gansen (LSAP):

Egal, dat ass schrecklech.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech sinn der Meenung, datt dat awer eng äusserst niddereg Zuel ass. Well bei deene leschte Chifferen, déi ech vum Ministère gesot kritt hunn, géif d'Moyenne bei iwwert 10% leien.

Wann ech awer elo déi 24 Kanner kucken, da ginn eng Rei vun hinnen an e Lies- a Schreifatelier. Ech ka mer virstellen, datt dat awer keng schro Fäll sinn, well soss kéinten se net iwwer deen dote Wee betreit ginn. An deene Fäll geet et schonn duer, datt se an esou Ateliere gehollef kréien. Do wou wierklech muss eng 'prise en charge' gemaach ginn, ass nëmme bei 5 oder 6 Kanner, dat ass nëmmen 0,5% vun de Schüler aus eiser Gemeng. All déi aner Kanner kënnen iwwer aner Weeër betreit ginn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ginn et keng Statistiken op nationalem Plang, oder vun engem anere Land, esou datt ee kéint Vergläicher zéien ? Well ech sinn och der Meenung, datt et vill Kanner sinn, déi betraff sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wëll nach eng Kéier soen, datt virun 2 Joer, wou mer dat agefouert hunn, an

enger Etude vun engem Ministère vun 10% Rieds gaangen ass, wat den Duerchschnëtt hei zu Lëtzebuerg ugeet. Esou datt mir mat 2% wäit drënner leien. Et gi vläicht och verschidde Stufe vun Dyslexie, an ech sinn net de Pädagog oder de Spezialist fir do matzejugéieren. Et schéngt mir awer, datt bei eis op deem Niveau eng ganz gutt Aarbecht gemaach gëtt, an datt et fir eng Gemeng wéi Péiteng ubruecht ass fir esou een Service unzebidden, an datt eis Schüler net mussen auswäerts goe fir gehollef ze kréien.

Accord à l'unanimité.

6.1.

Prévisions sociales.

Aides aux sinistrés : subvention au profit des victimes du cyclone Nargis au Myanmar – décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

No un 80.000 Doudeger, éischt Cholerafäll, d'Kanner stierwen duerch Hongersnout, dat sinn déi rezent Informatiounen, déi Press eis matgedeelt huet, nodeems viru ronn 14 Deeg den Nargis zu Birma säin Onwiese gedriwwen huet. De Wierbelstuerm huet am Südoste vun Asien quasi alles zerstéiert. Keen Drénkwaasser, kee Stroum, keng Wunnenge méi, d'Zuel vun deene verletze Leit läit fir de Moment bei 60.000 Affer, an et gëtt och geschwat, datt déi 80.000 Doudeger net duerginn, an datt dee Chiffer sech kéint bis op 130.000 erhéijen. International Hëllef ka bei esou enger Katastrof net ausbleiwen. Wann an dësem Fall d'Verdeele vun den Hëllefsgidder iwwer d'Militärjunta aus Birma stattfënnt, an am Moment nach Verhandlunge stattfanne fir déi international Hëllefsassociatiounen an d'Land eranzeloossen, esou wier et awer trotzdem noutwenneg, datt mer versichen ze hëllefen. Ech kann iech och matdeelen, datt haut de mueren an de lëtzebuerger Neiegkeeten informéiert ginn ass, datt haut eng grouss Pressekonferenz dohannen op der Plaz stattfënnt, wou anscheinend Décisioune geholl ginn, vum Militär, vun der Regierung aus, datt an Zukunft d'Hëllefe wäerten an d'Land erage-looss ginn.

Mir proposéieren déi Sinistréiert zu Birma duerch en Don vun 2.500 € ze ënnerstëtzen, Suen déi mer am Budget 2008 fir solch Zwecker stoen hunn.

D'Rout Kräiz huet en Opruff gemaach, esou datt mer hinnen dës 2.500 € mat der Motioun 'Cyclone Myanmar' zoukomme loossen. Ech géif iech bieden dës Décisioun duerch ären Accord ze ënnerstëtzen.

Carlo Gira (CSV):

Den Här Welter huet sécher Recht, datt do muenches geschitt ass. Mä et huet een awer och Negatives iwwer d'Militärjunta héieren. An ech ka mäin Accord an deem heite Fall just gi wa wierklech kloer gestallt ass, datt déi Suen, déi mer hei stëmmen, do ukomme fir dat wat se bestëmmt sinn, dat heescht fir d'Leit, an net fir déi, déi sech do wëlle beräicheren.

Et ass och no dem Zyklon eng aner Katastrof a China geschitt. Kënnt dat an enger nächster Gemengerotssëtzung ? Well do ass och vläicht e System, mat deem mer net gewinnt sinn, mä déi hunn awer wéinstens eppes fir hir Leit gemaach, esou datt een déi Aktioun voll ënnerstëtze kéint.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dee Fall mat China kann een och hei mat op den Dësch bréngen. Ech géif en awer net esou wäit ewech vun däer anerer Geschicht verlageren. Dat ass meng perséinlech Meenung.

Wat déi aner Saach ugeet, esou hunn ech kee Problem domatter fir dat ze conditionéieren. Ech hu kee Problem fir hei an Délibératioun ze setzen, datt mer bereet wieren déi 2.500 Euro ze ginn, ënner der Konditioun datt an deenen nächsten Deeg effektiv opgemaach gëtt fir international Hëllef an d'Land ze loossen.

Ech muss zwar awer och soen, datt deene Leit net gehollef ass – well d'Leit hunn de Misär an net d'Militär – wa mer elo keng Sue géifen iwwerweisen. Well mer sollen de Leit hëllefen, an ech sinn der Meenung, datt d'Rout Kräiz scho wäert dofir suergen, datt déi Suen net bei d'Arméi kommen, fir datt do Gold kaf gëtt, respektiv fir Waffen ze kafen. Dovunner ginn ech emol aus.

Romain Rosenfeld (CSV):

Ech schléisse mech deene Wieder vum Här Gira un. Dat ass och meng Meenung dozou.

Camille Bosseler (CSV):

Ech schléisse mech och deene Wieder un. Et ass ze begréissen, datt - och wann et net méi direkt esou gutt geet – mer awer trotzdem déi Ärmst vun deenen Aarmen net vergiessen. Ech géif och hoffen, datt dat Geld bei deene Leit ukënnt, déi et wierklech brauchen.

Roger Klein (LSAP):

Meng Virriedner hunn et eigentlech op de Punkt bruecht. Et ass keen hei um Dësch, dee sech géif weigeren – wéi den Här Bosseler seet – déi Äermst vun deenen Aarmen ze ënnerstëtzen. Mä esou wéi den Här Welter gesot huet, ass et den Nargis, deen do säint Onwiese gedriwwen huet. Mä et sinn nach ganz anerer, déi do hiert Onwiesen dreiwen. An ob déi Suen, déi mer hei stëmmen, wierklech do ukomme wou mer wënschen datt se sollen ukommen, ass eng ganz grouss Fro. Virun allem huet een och nach déi lescht Deeg gesinn, datt net nëmmen déi international Hëllef beschwéiert gëtt, an datt keng Friem an d'Land erage-looss ginn, mä datt och do auslännesch Kamerateamen ënner dem Asaz vun hirem Liewe Biller dréinen, déi ganz am Widdersproch sinn zu de Biller vum offizielle Staatsfernsehen. An do wier e Punkt, déi mer kéinte setzen, an deen allgemeng miisst gesat ginn, datt d'allgemeng Meenung an der Welt déi ass, datt mer soen, mir si bereet do ze hëllefen, awer nëmme wa wierklech garantéiert ass, datt déi international Hëllefsorganisatiounen an d'Land dierfen, an datt d'Hëllefsgidder vun deene verdeelt ginn, an net datt et an d'Hänn vun de Machthaber geet an datt déi domatter maache wat se wëllen. Dat heescht, wa mer esou eng Konditioun géife mat an d'Délibératioun drasetzen, géife mer op mannst emol en Zeeche setzen, och wa mer net wësse wat et déngt.

Lily Gansen (LSAP):

Et ass genee dat wat ech och wollt soen. Well ech kennen deen Eck ganz gutt, an ech weess watfir eng Korruptioun donidden herrscht. An et ass net nëmmen alleng d'Korruptioun, mä et kënnt och nach d'Diktatur dobäi. An dofir muss ee ganz gutt Leit op der Plaz hu fir ze garantéieren, datt wierklech deene betraffene Leit gehollef gëtt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech ka mat deene Konditiounen do liewen, datt mer e Saz an deem Sënn mat an d'Délibératioun drasetzen. Ech sinn awer och der Meenung, datt den internationalen Drock esou grouss gëtt, datt d'Militärdiktatur net derlaanscht kënnt fir lass ze loossen, an d'Hëllefsorganisatiounen an d'Land ze loossen.

Accord à l'unanimité.

6.2.

Prévisions sociales.

Construction d'une nouvelle crèche à Pétange : adhésion au projet « Réseau d'accueil préscolaire et périscolaire de

l'Agglomération du Pôle Européen de Développement (PED) » - décision.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Am Dezember 2007 hate mer hei am Gemengerot en Avant-projet fir de Bau vun enger neier Crèche hei zu Péiteng gestëmmt. Dat wat mer haut elo proposéieren, am Zousaz dozou, ass eng Demande vun enger Fiche-projet, déi iwwer Feder leeft. An zwar ass dat iwwer d'Agglomération du PED, wou d'Gemengen Ibbeng, Saint-Léger, Mont-St-Martin, Lonkesch a Péiteng zesummen décidéiert hu fir en « réseau d'accueil préscolaire et périscolaire » am Kader vun der Agglomératioun ze développéieren. Well mer schonn e Projet vun enger Crèche do leien hunn, fir déi mer schonn e Kredit vun 1.950.000 gestëmmt hunn, hu mer eng Demande vu 50% u Feder gemaach, fir eventuell kéinten dee Projet mat finanzéiert ze kréien. Ob dat elo acceptéiert gëtt, ass eng aner Saach. Ech sinn awer der Meenung, datt et net falsch wier, fir un esou engem Projet deelzehuelen, wa mer doduerch vu Feder, iwwer Interreg IV, kéinte Gelder kréien.

Mir géifen dem Gemengerot dofir haut virschloen, fir ofzestëmmen :

1. fir um Projet ze participéieren
2. a fir d'Halschent vun eise Fongen bäizeginn, dat heescht 788.500 Euro, déi mer jo souwisou scho gestëmmt hunn.

Carlo Gira (CSV):

Déi Saach hei kann een nëmme begréissen, well mer kënne jo nëmmen dobäi wannen. Wann ech da kucken, datt déi Gemengen aus der Belsch an aus Frankräich nëmmen 10% vun de Plaze beanspruche wäerten, da behale mer jo awer relativ vill fir eis Kanner, esou datt deen Invest jo awer da gutt gemaach ass.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat war och eis Meenung, an dofir wëlle mer eis un deem Projet bedeelegen.

Roger Klein (LSAP):

Eng éischt Virbemierkung. Et geet hei Rieds vun der « Agglomération transfrontalière ». Dat sinn effektiv déi 3 belsch Gemengen, déi hei opgezielt sinn. Da sinn och nach 2 franséisch Gemengen hei opgelëscht. Mä et sinn awer net nëmmen déi 2 Gemengen, déi hei stinn, mä et sinn an déi 20 franséisch Gemengen déi dozou gehéieren.

Natierlech kann een d'Rechnung maachen, wann een d'Chance huet fir 50% vun de Gelder ze kréien, an dofir dann 10% vu menge Plazen opzemaachen, an da gesäit dat an éischter Linn no engem gudde Geschäft aus. Op der anerer Säit mécht een awer eng Dir op, an dat muss ee sech bewosst sinn. Mir wësse säit Joeren, datt den Drock ganz grouss ass vu Leit, déi am Frankräich oder an der Belsch wunnen, fir hir Kanner hei an d'Primärschoulen ze kréien. A wa mer se bis an der Crèche hunn, dann hunn déi léif Kleng awer esou léif Lëtzebuergesch geléiert, datt se och onbedéngt musse weider hei an d'Schoul goen. An dann hu mer d'Dir opgemaach, an et ass ganz schwéier fir se erëm zouzemaachen. An da kann d'Rechnung duerno net méi opgoen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mir dierfen op der anerer Säit awer net vergiessen, datt och ganz vill Lëtzebuerger ewell Frontaliere sinn, déi schonns doiwwer wunnen an heihinner schaffe kommen an déi och hir Kanner hei an der Crèche ofginn, oder an der Maison relais ofginn.

Et sinn och keng 20 Gemengen, déi sech un dësem Projet bedeelegen, mä et sinn nëmmen déi, déi hei an der Délibératioun stinn. An déi Gemengen hu fir de Moment nach keen esou ee Projet do stoe wéi mir en do stoen hunn, well se fir de Moment d'Mëttelen dozou net hunn. Si kéinte kleng Crèche mat maximal 12 Still bei sech virgesinn, mä net an der Gréisst wéi mir et virgesinn hunn. An dofir hu mer jo och begrenzt, datt mer net méi wéi 10% vun auswäertege Kanner géifen eranhuelen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif och soen, fir do unzeschléissen, datt mer an enger « Grande région » wunnen. An dat ass an der Groussregioun emol en éischte Schratt, dee mer maachen, an dee fir mech scho méi ewéi iwwerfälleg ass, well mer nach ëmmer versicht hunn, no Bascharage, no Déifferdang an no Suessem opzemaachen. Mir hu versicht do Kontakter ze maachen, a mer schaffe a ganz ville Beräicher, wéi zum Beispill der Musekschoul, do schonn zesummen. Allerdéngs op der anerer Säit, wat jo awer och e groussen Deel vun eiser Grenz duerstellt, geet et awer a mengen Aen eréischt mat ganz klenge Schrëtt virun, fir do déi Kollaboratioun iwwer d'Grenz – déi eigentlech schonn net méi besteet – ewech ze favoriséieren. An dat hei wier een éischte Schratt – och wann et ee ganz bescheidene Schratt ass – fir emol ze kucken a wéi fern et méiglech ass an däer Groussregioun – wou bal 100.000 Leit wunnen – méi enk zesummen ze schaffen, a fir endlech déi psychologesch Grenz mat der Belsch a mat Frankräich opzehiewen. Dat hei wier en éischte Schratt an eisem Eck, dee vläicht wegweisend ass fir déi zukënfteg Kollaboratioun mat eisen Nopeschgemengen, a wou et och e bësse méi konkret gëtt mat der Kollaboratioun iwwer d'Grenzen ewech. Net wéi bei deenen theoreteschen Iddien, déi ëmmer nëmmen an de Käpp sinn, mä wou een ni eppes spierbares huet. Hei kéint emol eppes spierbares entstoen, a mat deenen 10%, wou mer eis engagéiere fräi ze maachen, ass den Engagement awer minimal. An dat kann elo net ausgeweit ginn. Dat sinn 10% vun de Plazen, an dat bleiwen och 10%.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Esouwäit ech informéiert sinn, lafen och Gespréicher fir och mam Lycée en Austausch mat de Schüler ze maachen. Do gouf et viru Joere schonn eng Demande fir datt gewësse Klasse kéinten eriwwer kommen. Op deem Gebitt gëtt jo och scho gefrot fir en Austausch bei eis am Eck ze maachen. No Däitschland hi leeft dat jo schonn.

Roland Breyer, Schäffen:

Am Kader vun der Association transfrontalière lafe scho fir de Moment e ganze Koup vu Projeten. Dat hei ass elo nëmmen een Deel dovunner. Et leeft eng Kollaboratioun ënner 4 Lycéeën, mam LTMA zesummen, a wou den LTMA och 'porteur de projet' gëtt fir haaptsächlech am Audiovisuellen eppes zesumme mat Lycéeën aus der Grenzregioun ze maachen.

Et gëtt och eng Kollaboratioun um ekonomesche Plang. Do soll en 'animateur économique transfrontalier' geschafe ginn, fir esou all déi Industriezonen harmonesch mateneen ze verbannen, well et och kee Sënn mécht, datt een op deem anere raibert an da begéine mer eis op der Grenz. Fir de Moment weess keen, wat deen anere mécht, an et soll en Austausch geschéien. Mir hu wëlles fir e Comité d'entreprises ze grënnen, wou Entreprise vun hei sech kënne mat deenen aus Frankräich an der Belsch treffen.

Dee Projet, iwwer deen haut soll ofgestëmmt ginn, ass e Projet, dee sech fréier 'crèche transfrontalière' genannt huet, deen awer net realistesch war. Do sollt eng eenzeg Crèche gebaut ginn, a se si sech net eens gi wou se soll hikommen. An elo läit e konkrete Projet um Dësch wou mer einfach d'Méiglechkeete gesi fir déi Feder-Suen ze kréien. An et ass jo net grad näischt. Et sinn ëmmerhin 788.000 Euro, an do kann ee sech schonn e bësse méi dofir interesséieren. Ob de Projet elo ugeholl

gëtt, muss een nach kucken. D'Fiche gëtt eréischt den 13. Juli gestëmmt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et wier falsch gewiescht, wa mer eis net dru bedeelegt hätten.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech schléisse mech och deene Bemierkungen un, déi vun eenzelne Leit elo gemaach si ginn. An der Délibératioun steet awer dran « ... à ouvrir quelque 10% des places ...», ech hätt léiwer gehat, wann ee sech op eng genee Zuel festgeluegt hätt.

Ech wëll awer och nach op eng aner Saach opmierksam maachen. Dir konnt och liesen, datt laanscht d'Musel Gemenge sinn, déi wëlles hunn, deene Lëtzebuerger déi an Däitschland wunne gaange sinn, an déi hir Kanner awer op Lëtzebuerg schécken, e Minerval vun 1.500 bis 1.600 Euro ze froen. Well déi Gemenge soen, datt se déi Säit Lëtzebuerg plënneren an all Avantagen huelen, hei zu Lëtzebuerg keng Steier bezuelen an näischt méi an d'Gemengekeess ginn, an awer vum lëtzebuerger Schoulwiese wëlle profitéieren. Do muss een och oppasse wéi déi ganz Saach sech entwéckelt.

Bei deem Projet, dee mir elo haut hei solle stëmmen, do kann een engersäits natierlech soen, datt et flott ass, datt dee Projet eis nëmmen d'Halschent kascht. Mä wéi gëtt et dobausse vun de Leit opgeholl ? Wa mir eng Waardelëscht hu vun eisen eegenen Awunner. Dat ass och nach e Problem, deen op eis duer ka kommen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat maach jo sinn. Dee Risiko musse mer agoen. Mä wann een esou kuckt, esou maachen déi 10% héchstens 5 Kanner aus. Méi huele mer der net eran. An et bleift och bei deenen 10% an dat geet op kee Fall an d'Luucht.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir wëssen och, datt eng ganz Rei vu Frontaliere bei eis, respektiv an eng Nopeschgemeng, schaffe kommen. An da läit et bal op der Hand, datt mer hinnen och eppes ubidden. Mir profitéiere jo och vun hirer Aarbecht, déi se hei an der Gemeng, respektiv an der Nopeschgemeng, maachen. De PIB gëtt zum Deel definéiert vun deene Leit. E geet erop duerch déi Leit. An ech mengen, dat hei ass och am Kader – wéi ech gesot hunn, datt mer eng Groussregioun sinn, an datt déi Grenzen net méi bestinn – , datt mer solle méi enk zesumme schaffen. Mir sinn eis och als Schäfferéit eens – mir haten nach rezent eng Diskussioun mam Buergermeeschter vun Ibbeng – datt mer eis méi dacks musse gesinn, an datt mer solle versichen als Gemeng Péiteng och an déi Richtung ze kucken, an net ëmmer nëmmen a Richtung Déifferdang, Käerjeng oder Suessem, wann eng Zesummenaarbecht unzestriewen ass.

Jeannot Linden (LSAP):

Et ass och nach eng aner Saach, wou ee sech Gedanke muss maachen. Wéi ass et da méiglech, datt déi et net fäerdeg bréngen esou eppes opzeriichten ? Héchstens fir 4 bis 5 Still.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Si hunn net esouvill Suen.

Jeannot Linden (LSAP):

An da soen se, mir ginn op Lëtzebuerg. Dat ass och eng Saach, wou ee sech seng Gedanke ka maachen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et muss een awer och bedenken, datt et haaptsächlech fir Leit ass, déi heihinner schaffe kommen. Ëmgedréint kënnen eis Leit jo och bei si goen. Si musse fir lëtzebuerger Kanner och esouvill Prozent fräihalen. Well et ass och schonn e groussen Deel vun hei zum Beispill zu Athus an der Schoul.

A wann aus dem Ausland Kanner heihinner kommen, da gëllt fir déi dee selwechte Betrag wéi fir d'Lëtzebuerger. Si kréien do keen aneren Tarif verrechent.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech kann dëse Projet nëmme begréissen. Ech fannen et gutt, datt mer endlech e Wee fonnt hu fir esou eppes ze maachen. Well meng Kanner si virun 30 Joer op Athus an d'Crèche gaangen. Well dunn hate mer dat nach guer net hei am Land. An dat huet kee Frang kascht. An do gouf et och keng Limiten, datt nëmmen esouvill Prozent dierfen dohinner goen. An déi Kanner goufen deemools mat béiden Hänn opgeholl. An ech hunn haut nach ëmmer ganz gudde Kontakt mat Athus, wou ech hinnen emol déi eng oder aner Saach ginn, well se ebe finanziell net esou gutt sti wéi mir hei. An et sinn der och haut nach ganz vill aus eiser Gemeng, déi hir Kanner op Athus an d'Crèche ginn. Ech gesinn net, watfir Problemer do solle sinn.

Lily Gansen (LSAP):

Ech mengen, ech brauch iech net ze soen, datt ech absolut favorabel zu dësem Projet stinn. Well ech fannen – esou wéi den Här Pierre elo gesot huet, datt seng Kanner viru Joeren dohinner gaange sinn – et ginn der och nach haut vill an d'Belsch an an d'Frankräich. A firwat sollen eis Kanner kënnen eriwwer goen, an déi aner net bei eis kommen. An ech fannen et wichteg, datt Kanner aus verschiddenen Natiounen an deem Alter léiere matenee liewen. Well mir kënnen hei nieftenee wunnen, mä mir hunn trotzdem eng aner 'façon de vivre'. An déi Kanner léieren dat. Och sproocheméisseg deet et jidderengem gutt, esouwuel deene Kanner vun hei wéi och deene vun auswäerts.

Ech kann dee Projet nëmme begréissen, an ech si ganz frou, datt et grad eis Gemeng ass, déi hei eppes ënnerhëlt.

Accord à l'unanimité.

7.

Environnement.

Adhésion au « Réseau luxembourgeois des zones sans Organismes Génétiquement Modifiés (OGM) » - décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

Wéi an der leschter Gemengerotssëtzung vum Här Becker proposéiert, géif d'Gemeng Péiteng sech dann elo gäeren un de Lëtzebuerger Réseau ouni genmanipuléierter Produkter uschléissen. Greenpeace Lëtzebuerg huet dës Aktioun virun engem Joer gestart, ënnert dem Motto 'Lëtzebuerg ouni OGM'. Säit dem Aféiere vun de genmanipuléierte Produkter am Joer 1996 huet Lëtzebuerg sech ëmmer zeréckgehalen. Mesurë fir dës Produkter anzeschränken, respektiv ze évitéieren, sinn éischter rare, well d'Alimentatioun vun de Fournisseuren net deementspriechend gekennzeechent ass. De Moment ass och net gewosst wéi de mënschleche Kierper laangfristeg op dës genmanipuléiert Produkter reagéiert, a watfir kierperlech Schied eventuell entstoe kéinten. Well et eis Pflicht ass fir d'Ëmwelt an d'Landwiertschaft ze schützen, well d'Fräiheet fir de Konsument bei der Wiel vun Iesswuere besteet, ass et legitim als Léisung, datt mer OGMe refuséieren, an datt mer eis un de « Réseau luxembourgeois des zones sans Organismes Génétiquement Modifiés » uschléissen.

Wat ënnerhëlt d'Gemeng Péiteng ? Eischtens verflicht d'Gemeng sech, fir op deenen Terrainen, déi hir gehéiert, keng genmanipuléiert Produkter ze séinen, respektiv ze planzen.

Zweetens schreift d'Gemeng Péiteng an all neie 'contrat de bail à ferme', datt se sech engagéiere miissten op Genmanipulatioun ze verzichten. Wann aal Kontrakter erneiert ginn,

muss négociéiert gi fir datt dës Klausel bäigefügt gëtt.

Drëttens séchert sech d'Gemeng Péiteng of, datt beim Akaf fir all d'Etablissementer, déi ënner hirer Tutelle stinn, wéi Primärschoulen, Maisons relais, asw., opgepasst gëtt fir datt nëmmen OGM-fräi Produkter konsomméiert kënne ginn.

Véiertens, versicht d'Gemeng Péiteng – esouwäit et an hire Méiglechkeete läit – d'Baueren unzereege fir fräiwëlleg an hire Felder op OGM ze verzichten, an datt se och individuell deementspriechend Déclaratiounen ënnerschreiwen.

Falls dëst och d'Meenung vum Gemengerot ass, géife mer dës Informatioune weiderleeden un d'Autorité supérieure an u Greenpeace.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech soen iech villmools Merci fir déi séier Délibératioun, déi mer elo hei virleien hunn. All déi Leit, déi dann och de Film gesinn haten iwwert déi ganz Genproblematik, de Film iwwer Monsanto, konnte sech iwwerzeegen, datt et eng grujelech Geschicht ass, a wou nach kee weess wéi et ausgeet.

Ech hätt awer nach eng Fro zu der Délibératioun, a wollt froen, ob een net nach eppes kéint bäiflécken ? Den 19. Juni 2007 hate mer – op meng Interventioun hin – eng Délibératioun geholl fir d'Zirkussen an all Spektakele mat Déieren um Gebitt vun der Gemeng ze verbidden. Do war de Schäfferot esou éierlech, an huet an d'Délibératioun schreiwe gelooss, respektiv geschriwwen, « ... propose en l'occurence de tenir compte de l'intervention faite par un conseiller au cours de la séance en date du .... et d'interdire tout spectacle d'animaux.»

Ech wier frou, an ech géif iech bieden, datt dat och kéint an deem Sënn an dës Délibératioun drageschriwwe ginn. Well ech fannen et nëmme fair, wann een op esou Saachen zeréckgeet an och seet, datt et net onbedéngt eis Iddi war. Well et kascht näischt fir ze soen, datt et d'Iddi vun engem vun eise Conseillerë war. Dofir géif ech proposéiere fir dee Saz an der Délibératioun bäizesetzen, esou wéi et och deemools scho gemaach gi war.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech hu perséinlech näischt dogéint fir dat dranzesetzen. Et stoung déi leschte Kéier dran, an et soll een ëmmer dozou stoen. Ech hu kee Problem domatter.

Guy Brecht (LSAP):

Natierlech begréisse mer dës Saach och. Mä et miisst een awer och d'Geschäfter an d'Supermarchéen an der Gemeng sensibiliséieren, fir datt se keng esou Wueren ubidden. Et ass mir heiansdo schonn emol virkomm, datt ech mer wollt Explikatiounen iwwer d'Saache froen, an et konnt kee mer eng Äntwert ginn. Et miisst een dat vläicht e bësse méi kontrolléieren, wann een als Gemeng géint OGM-e wëll sinn. Et miisst een als Gemeng emol Kontakt mat de Geschäfter ophuelen, an hinnen un d'Häerz leeë fir keng esou Saachen ze verkafen.

Gilbert Welter, Schäffen:

Et wäert wahrscheinlech ganz schwéier gi fir do ze intervenéieren, well dat jo schlussendlech e Commerce ass. Zweetens, wéi scho virdru gesot, et fënnt ee ganz oft op de Produiten iwwerhaapt keng Informatioun, datt et genmanipuléiert ass. An dofir wäert dat schwéier sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif soen, datt dat heiten eng 'déclaration d'intention' vum Gemengerot ass, mä eis 'moyens de contrôle' oder 'moyens d'intervention' wäerten awer limitéiert bleiwen.

Kéinte mer da mat däer Remark vum Här Becker, wou mer dann drop referéieren, datt dat déi leschte Kéier vun engem Conseiller proposéiert gouf, dës Délibératioun esou stëmmen ?

Romain Rosenfeld (CSV):

Ech wollt zwar dozou soen, datt, wa mer elo ufänken all Kéiers bei enger Délibératioun eng Remark dobäizeschreiwe wann een eng Kéier emol eng Iddi op den Dësch bréngt, an déi och nach all Kéiers z'énumeréieren, esou fannen ech dat net richteg. Da musse mer och bei de Schnéiklasse schreiwen, datt den Här Becker net domatter d'accord ass, an datt ee mat de Kanner sollt op de Bauerenhaff goen. Et soll een déi Saachen awer elo net héichspillen. Dat ass meng Meenung dozou.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Kréie mer elo eng Diskussioun heibannen, ob een dat elo soll draschreiwen oder net ?

Roland Breyer, Schäffen:

Et muss een oppassen, wann elo wierklech eng Kéier een eng Iddi huet, da musse mer dat all Kéiers maachen. Wa mer eng Kéier domatter ufänken, a wann ee seet, datt ee wëll op eng Plaz e Verkéiersschëld gesat wëll kréien, da musse mer dee Vermierk an d'Délibératioun drasetzen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Fir elo hei eng länger Diskussioun unzefänken, dat bréngt näischt. A fir dat Ganzt an d'Lächerlecht ze zéien, bréngt et och net.

Déi ganz Geschicht fir OGM-fräi Gemengen besteet schonn zanter 3 Joer. An de Schäfferot ass vum selwen nach ni drop komm. Et ware bis den Abrëll 41 Gemengen aus dem Land, déi vum selwen dropkomm sinn. Ech hu just den Ustouss ginn ; de Steen un d'Rulle bruecht, an da wier ech frou wa géif an der Délibératioun drastoen, datt d'Initiative vun engem Conseiller ausgaangen ass. Ech verlaangen net, datt de Conseiller muss mat sengem Numm drastoen. Ech wier frou wa géif drastoen « suite à l'intervention d'un conseiller communal ».

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech proposéiere fir dat an dësem Fall an d'Délibératioun ze schreiwen, a mer sollen eis eens ginn – an Zukunft ënnereneen – wou mer nach esou Saache bäischreiwen a wou an Zukunft net méi. Mir sollen eng generell Diskussioun driwwer féieren, mä fir elo hei nach – an deem heiten Dossier – laang driwwer ze diskutéieren ob een et soll maachen oder net, bréngt näischt, well da komme mer op kee gréngen Zweig. Mir sollen eis awer eng Kéier Gedanke maachen driwwer, wou mer et an Zukunft draschreiwen a wou net.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass jo net dramatesch. Den 19. Juni 2007, wou mer d'Délibératioun vum Zirkus geholl haten, hu mer et drageschriwwen. An do war keng Diskussioun, an et huet keen Hung duerno gekréit.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech proposéiere fir et dës Kéier nach dranzesetzen, a mer diskutéiere wierklech eng Kéier am Fong wou mer dat an Zukunft dann nach maachen a wou net.

Déi Remark, déi och gemaach gouf, datt ee soss bei all Fall op eemol e Vermierk muss dramaachen, ass och justifizéiert. Mir sollen eis eng kloer Rumm setze wou mer et nach maachen. Well et gi sécherlech Fäll wou et ubruecht ass, an anerer, wou een drop verzichte kann.

An dësem Fall sinn ech der Meenung, datt mer et nach eng Kéier sollen drasetzen, well d'Initiativ ass effektiv am leschte Gemengerot vum Här Becker komm, an dat muss een och zouerkennen.

Camille Bosseler (CSV):

Ech wollt nach eng kuerz Remark maachen. Wa vun uewen erof gefuerdert gëtt, vun eise Ministèren

aus, an et gëtt jo och scho vun der Aackerbauverwaltung proklaméiert, esou ass et jo esou, datt eis Baueren net méi kënnen uplanze wat se wëllen. Si kréien hoergenee gesot, wat nach unzeplanzen ass. Dann huelen ech un, datt se net an d'Richtung vun OGM-e wäerte goen.

Accord par 14 voix et une abstention (M. Rosenfeld).

8.1.

Transports et communications.

Redressement de la rue Jos Philippart à Rodange : frais préliminaires – vote d'un crédit additionnel.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hunn den 21. Dezember 2005 en Avant-projet préliminaire hei gestëmmt, an deen ass och den 12. Januar 2006 vun eisem Minister approuvéiert ginn. A praktesch zanter deem Moment u si mer am gaangen un deem Dossier ze schaffen. Préliminaire waren, datt mer eng Opklärungsversammlung haten, fir de Leit e bëssen ze erkläre wéi dee Chantier kéint ausgesinn. Eng vun den Haaptschwieregkeeten ass dann awer déi ganz Affaire vun den Emprisen. Wa mer elo vergläiche mat der Avenue de la Gare hei zu Péiteng, wou mer zum Beispill 55 verschidde Kontakter wéinst den Emprisen ze huelen haten, esou si mer do elo eréischt am gaangen dee leschte Kontakt ze huelen. Mir mussen an deene Fäll bestëmmte Strategien entwéckelen, wou eis Servicer an d'Politiker musse laanscht goen, fir d'Leit dozou z'iwwerrieden oder z'iwwerzeegen, datt se sollen hir Ënnerschrëft gi fir d'Emprise ofzetrieden. D'Ponts et Chaussées wëllen och net ufänke bis d'Ennerschrëften alleguerte virleien

Aus der Affaire hei zu Péiteng hu mer geléiert, esou datt mer bei der Philippart-Strooss wollten een anere Wee goen. Engersäits drängt et do nach méi wéi zu Péiteng, well d'Infrastrukture ganz schlecht sinn. Mir hunn eng stole Waasserleitung do am Buedem leien, déi vun 1940 datéiert. Mir hu Kanäl, déi nach deelweis am Lehm gemaach sinn. Also et ass net fir nach 2 Joer ze waarden, bis mer mat alle Propriétairen, an et sinn der ronn 80, d'Emprise kloer gemaach hunn. An dofir hu mer gemengt, datt mer sollen eng spezialiséiert Firma domatter beoptrage fir éischtens déi Optiounen emol ganz kloer ze maachen, dat heescht fir emol Kontakt mat de Leit opzehuelen, opzemoosse wat et genee ass vun der Gréisst, fir datt et kadasterméisseg och erfaasst gëtt, an och schonn de Bornage an de Mesurage ze maachen. A wa se mat de Leit dann en Accord hätten - an et ginn däer spezialiséiert Firmaen déi direkt mat de Leit verhandelen, a fir vun de Leit dann direkt d'Ënnerschrëft ze kréien an d'Konventioun ze maachen – kéint dann och direkt den Acte beim Notaire gemaach ginn.

Mir hunn eis am Land ëmgelauschtert, an d'Ponts et Chaussées hunn eis recommandéiert esou eng spezialiséiert Firma ze huelen. Et ginn der e puer, déi esou Déngschter kënne maachen, déi vill méi séier a mat enger héijer Erfollegsquote kënnen operéieren. Mir hu vu Ponts et Chaussées gesot kritt, datt op aner Plazen esou Saache mat 95% Réussite a relativ kuerzer Zäit konnt ofgeschloss ginn.

Wa mir eis Servicer mat deenen Aarbechte chargéiere fir bei d'Leit ze goen an déi ze iwwerzeegen, oder selwer eis mussen déplacéieren oder d'Leit an d'Gemeng komme loossen, da geet do vill Zäit verluer a mer kommen net vun der Plaz. Mir hunn dat hei zu Péiteng an der Avenue de la Gare gesinn, wou mer der nach 2 opstoen hunn, well se einfach net wëllen.

Aus däer Experienz eraus wollte mer elo zu Rodange eng Firma mat deenen Aarbechte chargéieren. Dat kascht eis zwar 120.000 Euro, mä op der anerer Säit – bei der Envergure vun deem Projet – géife mer awer mengen, datt et deen Invest wäert wier. Dofir proposéiere mer iech fir dee Kredit vun 120.000 Euro ze stëmmen a mer géife kucke fir esou eng Firma ze fannen, déi di Aarbechten da fir eis mécht, fir datt mer séier kënnen ukommen. Et ass virgesinn, datt mer Enn oder Mëtt vum nächste Joer mam Erneiere vun der Philippart-Strooss kéinten ufänken. Mä mer musse bis dohinner den Accord vun de Propriétairen hunn, well soss geet den Ponts et Chaussées net mat un d'Aarbechten erun. Fréier ass dat aneschters gemaach ginn. Do ass dat duerno gemaach ginn, mä elo hätten se gären, ier et mat den Aarbechte lass geet, kloer Verhältnisser.

Albert Muller (LSAP):

Ech wéilt gäere wëssen, wat d'Spezialitéit ass vun däer Firma fir ze schaffen ? Déi hu jo sécherlech kee Messer an der Täsch.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ginn 3 oder 4 Firmaen, déi autoriséiert si vum Kadaster fir déi Aarbechten ze maachen. Eischtens kréie mer vill méi séier Kloerheet wat d'Parzellen ubelaangt, a wat d'Envergure ugeet, well bis de Kadaster géif opmoosse goen, oder déi Klengegkeeten do géif maachen, da si mer 'parti pour la gloire'. Déi Firma geet hin a vermoosst a seet wéi grouss déi eenzel Parzelle sinn. Si kënnen, esoubal opgemooss ginn ass, och zum Beispill soen, datt sech net vill vun der aktueller Situatioun op déi zukënfteg Situatioun wäert änneren. Déi meescht Propriétaire wëssen emol net, datt se dat do leien hunn, well dat schonn esoulaang do läit. Déi Firma huet ganz einfach aner Argumenter, a se kënne vill méi zielstrebeg un déi Saach erugoen. Esou kënne si soen, datt déi aktuell Situatioun déi ass, an datt sech fir d'Zukunft praktesch näischt veränneren, well dat schonn esoulaang an der Strooss läit. Si hunn heiansdo aus Erfahrung och Argumenter, datt se soen, wann eng privat Parzell fir de Public während Joeren op war, an datt de Propriétaire souwisou näischt ka maachen an datt praktesch eng Servitude drop ass.

Si hu ganz einfach aner Argumenter, a si ginn net d'Impressioun wéi wann elo d'Gemeng an de Verhandlungen dra wier. Well wann d'Gemeng kënnt, da gëtt direkt alles méi deier, an da gëtt gemengt, datt dat, wat an der Strooss géif leien, Gold wäert wier. Si hu ganz einfach Erfahrungswäerter, well se esou Aarbechten och schonn an anere Gemenge gemaach hunn. An do louche d'Präisser bei ronn 200 Euro den Ar, a si maachen dat ganz séier, a ganz coulant mat de Leit an d'Rei.

Et ass net esou komplizéiert, wéi wa mir déi Aarbechte géife maachen, an et ass och net, datt e Politiker sech muss d'Been stompeg lafen, iwwer Joeren, fir d'Ënnerschrëften ze kréien. Déi Firmae si ganz einfach spezialiséiert doranner. An et geet méi séier. Déi Erfollegsquoten, déi mir vu Ponts et Chaussées als Referenz kréien, leien héich, vill méi héich a vill méi séie wéi mir et als Gemeng géife maachen.

Albert Muller (LSAP):

Hunn ech elo richteg héieren, datt si d'Leit bezuelen ?

Roland Breyer, Schäffen:

Neen, mir bezuelen, an de Ponts et Chaussées bezilt eis et erëm. Déi 200 Euro den Ar ginn nach ëmmer vun de Ponts et Chaussées an de Raum gesat. Et ginn och heiansdo 250 Euro bezuelt. Mä si kennen de Marché besser. Si kennen de Marché a Relatioun mam Ponts et Chaussées besser. A wa si emol engem e puer Euro méi ginn, dann ass dat net wéi wann ee Politiker dohinner geet an deem enge méi gëtt wéi deem aneren. Well dat wier en Drama.

Carlo Gira (CSV):

Den Här Breyer huet gesot, datt se eng relativ héich Erfollegsquote hunn. Kréie mir dann och relativ séier matgedeelt, bei watfir Leit e Problem besteet, well dat si jo erëm nees déi schwiereg Fäll un deene mer hänke bleiwen.

Roland Breyer, Schäffen:

Wa mir den Accord ginn, a wann den Avant-projet definitiv gestëmmt ass, da gëtt domatter gerechent, datt si bannen 3 Méint déi Envergure vun Aarbechte kéinte maachen.

Camille Bosseler (CSV):

Ech hunn d'Impressioun, wéi wann hei nei Aarbechtsplaze geschafe ginn. Fréier war de System esou, datt, wann ee gebaut huet, an den Uertschaften, da war et d'Gemeng déi de Recul festgesat huet. Dat war fir de Fall wou eppes gebraucht gëtt, fir zum Beispill d'Strooss méi breet ze maachen, datt deen Deel dann einfach ka geholl ginn.

Wann et eng Staatsstrooss war, esou hunn extra Limitë bestanen. Dann huet de Recul nach vill méi wäit zeréck miisste sinn. Fréier war et esou, datt wann eppes gebraucht ginn ass, dann ass et geholl ginn. Do ass net gefrot ginn. Well ech war selwer an deem Fall. Wou d'rue du Moulin vergréissert ginn ass, hunn ech selwer eng ganz Bauplaz ewechgeholl kritt, ier en Terrain verkaf ginn ass, fir ze redresséieren. Ech hat dee selwechte Fall an der Grouss-Strooss. Do ass net laang geschwat ginn. Si sinn einfach komm, si hunn et ewechgeholl, a fäerdeg. Et ass net gesot ginn, datt een entschiedegt géif ginn. Dat war hiren Terrain, an deen huet miisste leie bleiwe fir d'Utilité publique. Ech hunn och näischt dogéint ënnerholl. Mä wann ech awer gesinn, datt haut fir all kleng Emprise muss verhandelt ginn, da verstinn ech d'Leit, datt se soen, si géifen deen Terrain net hirginn a sech eng Parkplaz virdru maachen. Dat ass jo awer och net richteg. Mir kënne jo net an déi Richtung goen.

Roland Breyer, Schäffen:

Dach, mir mussen an déi Richtung goen. Entretemps ginn et Urteeler. Firwat ass d'Autobunn fir op Mondorf nach ëmmer net fäerdeg ?

Camille Bosseler (CSV):

Déi Saach ass an der Rei. Am Ausland wier et scho laang fäerdeg.

Roland Breyer, Schäffen:

Hei ginn et Urteeler. Mir sinn e Rechtsstaat, a wann ee sech dogéint wiert, da wiert e sech dogéint.

Camille Bosseler (CSV):

Ass da fréier ee gefrot ginn, wann eppes virun der Dir gebraucht ginn ass ? Nee, et ass kee gefrot ginn an den Terrain ass einfach geholl ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat leschte Beispill hu mer, wou d'Gillardin-Strooss nei gemaach ginn ass. Dat ass nach net esoulaang hir, ech mengen dat war am Joer 2000. Do si keng Emprise gemaach ginn, an et ass elo nach ëmmer net an der Rei. Do ass einfach net dovunner geschwat ginn, an déi Deeler sinn einfach geholl ginn. An der Lëtzebuerger Strooss sinn d'Emprisen nodréiglech gemaach ginn. Mä elo mussen d'Emprise virdru gemaach ginn, well ebe Geriichts-uerteeler virleien, well d'Leit elo opgekläert sinn, a well och mir eis mussen an engem Rechtsstaat dorunner halen.

Camille Bosseler (CSV):

D'Leit profitéiere jo dovunner. Si kréien et jo méi schéi gemaach. An d'Infra-strukture gi gemaach, asw. .

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Fir déi Argumenter do virzebréngen, geet déi Firma jo bei d'Leit, fir se z'iwwerzeegen, datt et jo eigentlech net vill bréngt, well deen Terrain souwisou an der Voie publique läit. Déi meescht vun de Leit ënnerschreiwe jo och. Wann ee kuckt – och an der Avenue de la Gare - , wann do net der 2 oder 3 gewiescht wieren, déi blockéieren, da wiere mer mat den Aarbechte schonn am gaangen. Mir sinn einfach der Meenung, an den Här Breyer huet dat jo erkläert, datt et fir eis méi schwéier ass fir un déi 80 Leit erunzetrieden, well mir soss méintelaang am gaange sinn. Mat Hëllef vun däer Firma komme mer méi séier virun. A wann et op enger Plaz wichteg ass, datt mer virukommen, dann ass et an der Philippart-Strooss. A mir wëllen net wéinst den Emprisë mat den Aarbechten hannendra kommen, well mer 1 oder 2 Joer mussen un de Emprisen dokteren.

Romain Rosenfeld (CSV):

Ass eng Reunioun mat den Awunner aus der Philippart-Strooss virgesinn, bei däer de Leit d'Pläng virgestallt ginn, a fir matzedeelen, datt eng Firma wéints den Emprise bei de Leit laanscht kënnt ?

Roland Breyer, Schäffen:

Selbstverständlech. Déi Informatiouns-versammlung wäert stattfannen. Fir d'éischt kënnt awer nach eng Kéier deen aktualiséierte Projet an de Gemengerot. A bis dohinner kenne mer och de Numm vun däer spezialiséierter Firma, an da kann déi Firma och an der Informatiounsversammlung mat dobäi sinn. An ech ka mer virstellen, datt schonn eng Rei Leit wäerte bei däer Informatiounsversammlung ënner-schreiwen. Well et sinn heiansdo bei Saache guer keng Diskussiounen, well et si Leit, déi besser bei däer ganzer Saach ewechkommen, well se virun der Dir frësch gemaach kréien. A bei déi Leit, déi sech d'Saach nach wëllen iwwerleeën, geet déi Firma nodréiglech nach eng Kéier laanscht.

Guy Brecht (LSAP):

Meng Fro ass mat der Interventioun vum Här Rosenfeld beäntwert ginn. Erlaabt mer awer, well mer esou gutt virukommen, nach 3 Ureegungen zum Verkéier ze ginn. Déi Ureegunge betreffen d'Sécherheet. Do ass den Zebrasträifen op der Héicht vum Blummegeschäft Holcher zu Rodange. Dee miisst frësch gezeechent ginn. Well do ass opgerappt ginn, an elo wëssen d'Leit net méi, ob se dierfen do eriwwer goen oder net well den Zebrasträifen net méi do ass.

Beim Chantier am Duerf mussen d'Schoulkanner deelweis iwwer d'Schoul goen. Do kéint vläicht e bësse méi ofgeséchert ginn, do wou dat Haus ofgebrannt war.

D'Leit aus der Verlängerung vun dem Brouckerwee soen iech Merci, datt der esou séier reagéiert hutt, mä do steet awer e Schëld ganz ënnen an der Strooss dat op d'Eisebunn weist. Et wier vläicht besser, wann dat Schëld deen anere Wee géif weisen. Dat ass dee falsche Wee opgehaangen.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hunn an der leschter Zäit Toperten an der Gemeng, déi sech e Spaass doraus maache fir d'Schëlder ze dréinen. Mir haten och eng Rei Schëlder hei zu Péiteng, déi erëm richteg hu miisste gedréint ginn.

Déi aner Saache kucke mer och no.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech fannen et gutt, datt eng speziali-séiert Firma déi Saache mat den Emprise soll maachen. Meng Fro ass awer déi hei : Den Här Breyer huet gesot, datt de Ponts et Chaussées verschidde Firmae proposéiert huet. Gëtt do eng Offer gefrot, oder gëtt einfach esou désignéiert, wie mat deenen Aarbechte beoptragt gëtt ?

Roland Breyer, Schäffen:

Et gëtt eng 'offre restreinte' gemaach. Et sinn dräi Firmaen, déi vun den Ponts et Chaussées autoriséiert sinn.

Approbation à l'unanimité. M. Gira, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.2.

Transports et communications.

Contrat avec l'Entreprise des Postes et Télécommunications pour la fourniture de services de télécommunications – approbation.

Roland Breyer, Schäffen:

D'Post proposéiert eis en neie Kontrakt, well mer e bësse mat hinnen diskutéiert hunn. Si ginn elo hin, a ginn eis eng Reduktioun vun 18% op déi offiziell Tariffer 'quelque soit l'envergure des factures mensuelles'. Fréier waren ëmmer gewësse Seuilë virgesinn, an do hu mer miisste fir e bestëmmte Montant oder ee bestëmmten Débit hunn, ier mer déi 18% nogelooss kritt hunn. Elo kréie mer direkt eng Reduktioun vun 18%.

Norbert Pierre (LSAP):

Dat stëmmt, datt dat vun deenen 18% am Kontrakt drasteet. Et steet awer och dran, datt vum Opérateur eng Zomm vun 136.300 € brut mensuel hors taxes als Referenz geholl gëtt. An et steet am Kontrakt dran, datt wann dee Montant ëm méi wéi 12% variéiert, de Kontrakt nei négociéiert gëtt.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hunn der Post gesot, datt, wa si mengen de Kontrakt miisst revidéiert ginn, et och nach aner Opérateuren um Marché ginn. A mir kéinten eis dann och emol eng Kéier ëmkucken.

Norbert Pierre (LSAP):

Dann hunn ech nach eng Fro, déi ech och scho bei deem éischte Kontrakt gestallt hat. Sinn net och nach aner Providere gefrot gi fir eng Offer ze maache fir déi Servicer hei ? Dat Ganzt huet jo awer schonn eng gewëssen Envergure, an et wier schonn interessant gewiescht fir ze wëssen ob aner Provideren déi selwecht Servicer kënnen ubidden a wéi de Käschtepunkt ass.

Roland Breyer, Schäffen:

Sécherlech kann een dat, an et soll een et och maachen. Mä dir kënnt gesinn, datt mer eng Facturation mensuelle vun 136.300 Euro hunn, a wann een dat elo aneschters wëll maachen, da miisst ee fir d'éischt emol e Lastenheft opsetzen a ganz kloer soe wat ee gäeren hätt. An dat ass net grad esou einfach, a mir sinn net 'à même' fir dat vun eise Servicer aus ze maachen. An da kéinte mer soen, wa mer der Meenung sinn, datt mer besser géifen ewechkommen, da musse mer eis eng Firma huelen, déi eis esou ee Bordereau opsetzt, an da maache mer eng Ausschreiwung fir ze kucken, wien eis dat ka liwweren.

Wa mer dann op eemol eng europäesch Ausschreiwung maachen, da kann et sinn, datt e franséischen, belschen oder däitschen Opérateur heihinner kënnt. Alles ass dran, mä et muss ee wësse wou een hi wëll. Fir de Moment si mer mat deenen Négociatiounen hei zefridden. Et ka sinn, datt vläicht ee méi bëlleg ass, mä d'Präisser leien net wäit auserneen. Et muss een awer och kucken, wat ee muss investéiere fir iwwerhaapt duerno e Resultat ze hunn, a wéi laang dat Resultat dann och erëm nees gutt ass.

Norbert Pierre (LSAP):

Dat ass richteg. E Bordereau, eng Basis, miisst awer do sinn op déi een opbaue kéint. Do brauch een net nach laang Ingenieuren drop ze setze fir eppes neies opzestellen.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech géif awer mengen dach.

Romain Rosenfeld (CSV):

Ech wollt nach kuerz drop hiweisen – et steet zwar net op der Dagesuerdnung, an ech hunn och keng Fro eraginn – datt d'Ampelanlag miisst iwwerpréift ginn. Well ech weess scho vu 4 Leit, déi op de Schinne stoungen. Et gëtt zevill séier rout fir déi Leit fir wann d'Barrière sollt évitéiert ginn. Dat ass deen ee Problem. An deen anere Problem ass den Iwwergank bei der Gare. Ass et net méiglech fir deen einfach op 'Blinker' ze stellen, an datt d'Leit bei der Spuerkeess iwwer d'Strooss ginn ? Well déi Luucht virun der Gare gëtt relativ oft gedréckt, an da staut et och.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir waren e Freideg nach eng Kéier mat der Siemens op der Plaz fir nei anzestellen. Ech kennen d'Situatioun vum leschte Freideg bis haut elo net. Mä et waren effektiv Problemer. Mä et muss nach ajustéiert ginn, an da miisst et klappen.

Approbation à l'unanimité.